

D'ooooo

ooooo

i t t y

===== vun der

ooooo

Operett an 3 Akten

=====

ooooo

fir Jongmédercher.

ooooo

e i s s m i l l e n.

Text: Fr. Henri Rock o.f.m.

Musek: Nic. Schuh.

(D'Steck ass eso' gehälen datt et och o'ni Musek gét.)

Perso'nen

Mme. Vve. Deiss, 65 Jahr, Ex-Gouvernante an 2. Fra v. verst. Hr. Deiss, vun der Deissmillen zu Méchtem.

Ditty, hir Ste'fduchter, Universalerbin, 18 Jahr.

Germaine Deiss, hir arm Cousine, 18 Jahr,

Mme. Dettmüller, Witfra, 48 Jahr, Tata v. Rennfahrer Niki

Mme. Baronin de Mogenast, luscht Perso'n, onbest. Alter, huet e Jong ze bestueden.

Maus, 18 Jahr)

Anna, 18 JOhr)

Liéseschen

Marie, Femme de chambre

Aner Liéseschen eso' vill é wöllt.

Deh Niki (stomm Roll)

1. Akt

(Spillt do baussen, eng frei Plätz, Art Wiss, teschend der Willa Deiss an de Wengerten. Am Hannergrond stét eng Drauwenhätt, an e pur Liés-émeren.)

1. Szén Maus, Anna, Liéseschen.

(Als Liésescho geklédt, klengt Schierteg, Blousen, d'Aerm erop, de' sin mat Drauwesft verschmiert, grad eso' d'Gesicht an de Mond. Wann de Vorhang opgét hun se sech bei den Hänn, sie sin drun e Reigen ze máchen a sangen:

Drauweliés, ass dât e Liéwen! Tra-la-la-la-la-là!

Ei, mir sin am Drauwenhierscht! Tra-lalalalala!

Mir könnten jo nie d'Glas erhiéwen, Tra-lalalala!

Ge'f et net den Drauwenhierscht! Tra-la-la-la-la!

(Alles lächt, de Reigen le'sst sech op, de' áner Liéseschen verschwannen no riéchts. Nömen d'Maus an d'Anna bleiwen.)

Maus: (wösch sech d'Gesicht of): Ei, elo war ech b'al an d'Hötzt komm. - Ouf! Lösst mir eis e we'neg platzen - ech mengen mir hätten et scho verdengt, oder mengs de net Anna?

Anna: Oh, Pardi! Geschafft hu mir scho genug - an 't ass ere'scht den e'schten Däg. (sötzen sech)

Maus: 't ass haut den Owend nawell warm...

Anna: Dât wöll ech mengen. Ech war bál an de Schwés komm bei dém Gesprengs.... (bekuckt seng Aerm) - Iwerhápt, ech gi mir emol elo nidden an d'Bäch d'víscht Face an d'víscht Fe'ss, we' eise Joss sét; e we'neg propper máchen...

Maus (verwonnert): We'? Em döss Zeit wölls du dech wáschen?

Anna: Pardi! Ech gin jo aus, we' eng Popp am Bazar Zimmer zu Esch... Gés de mat?

Maus (röselte de Kapp) ah nén! 't ass net d' Me'h wert.... De' gro'se Dammen schmären sech jo och eso' ro'den Dreck op d'Fangernél an un d'Löpsen, ... da kann ech dach och e we'neg Dreck u mir hun, egal wät fir eng Farv hién huet.....

Anna: We's de wölls... awer sô.. gehe'ert dât Bégiél dâts du em de Mond hues och...

Maus (önnerebrecht): Wät sés du do?... Ech hun dach seit virgescht kong Eer me' giéss.

Anna (läch hell op): Pardi, da verdaut dei Mond awer schlecht!

Maus (önnerebrecht, höllt et beim Arm): Eh, hál de Mond, Maulesch! Kuck le'wer e we'neg wién do hanne könnt... (weist no lenks, sie kucken allen 2 dohin)

Anna: Pardi! Et sin 2 Dammen... sie kommen heihin... 't si bestömtt Friémer.... kuck, de' eng muss blesse'ert sin... sie huet jo den Arm an der Schlenger hánken.

Maus (matlédeg) Oh, de' Arm! - 't ass hir secher en Ongleck, passé'ert Anna (plötzlech): Elo sin se! Lösst mir e we'neg op d'Seit goen...

(De' 2 gin op d'Seit an den Hannergrond. Dettmüller a Mogenast kommen eran. Mogenast steipt de' áner ganz affekte'ert)

2. Szén Virex Dettmüller Mogenast.

- Mogenast(ganz ro't geklédt):Solle mir eis net e we'neg hei sötzen an eis erblösen?
- Dettmuller:Oh ganz gär!Ech gestin et an,no dém coups sin ech nach net fest op de Bén.... Jo, 't huet én der net ere'scht 20 op dem Bokkel awer scho ganz 28 me'h.
- Mogenast(zömperlech):Ass et wo'er? - Eh bien,meng Complimenter, Madame,Fir èren Alter sit dir nach ganz gutt conserve'ert....
- Dettmuller(sprengt op,suffeke'ert,op d'Seit):We',conserve'ert?... Dät si mir Mane'eren...
- Mogenast(selwegt Spill):Dét èren Arm iéch net zevill we'h?
- Dettmuller:Oh,nén,merci!'t ass jo eigentlech neischt.E we'neg geschant.... Ech si jo gutt verbonne gin.... a 24 Stonnen denken 'èch'net me' drun...
- Mogenast:(ganz beto'nt):Eh bien,dir könnt iéch rühmen Chance ze hun(schuddert sech affekte'ert):Wät e schrecklecht Ongleck!Mir hätten gudd können Haut a Schanken do lösen.
- Dettmuller(interesse'ert):Ah,wart dir och am Car,we' en emgefall ass?
- Mogenast(mat gro'sse Gesten):Natirlech! Dô hât ech jo d'Geléenhét fir iéch ze gesin,dir wart jo an der 2.Raih lenks an ech an der drötter riéchts.
- Dettmuller:Ah jo, Richtig.An huet dir iéch net zevill we'h gedoen beim Fall?
- Mogenast(feiereg): Dät héscht,wann et richtig gänge wir,hätt ech mir missen d'Maul an 32 Stecker briéchen.(läch)Awer glecklecherweis sin ech op de' ál deck Matro'n gefall,de' grad virum mir so'tz,de' war gutt gefiddert;an huet mir de Schock ôfgehâlen, dir verstitt jo!(läch aus vollem Hals,d'Dettmuller betruecht se ganz iwerrascht.-Me' ro'eg):Iwerhâpt, ech hun eigentlech ömmer Gleck bei eso' Geléenhéten.
- Dettmuller(op d'Seit):Wät eng Perso'n! - Wo' ass se nömnen hir? (hart):Sit dir vun hei,Madame?
- Mogenast(wihrt sech):Ech?vun hei? A wät denkt dir?(zamperlech):Mä 't ass jo richtig,dir kennt mech jo nach gur net.Erlâbt datt ech mech virstellen.(stét op,ganz zereboniell)Baronne Eleonore de Mogenast aus der Stadt,Hôtel an der Eneschtgäss,Schlass op der Bourschtermillen a Villa zu Nice.(mecht eng zereboniell Reverenz a sötzt sech erem,mat engem froende Geste):Madame?
- Dettmuller(o'ni opzestoen an e we'neg drehen):Ech sin d'Mme.Dettmuller,Fra vun versturwenen Medizinprofessor vu Bre'ssel.
- Mogenast:Ah, ère Mann war Dokter?(mat Enthousiasmus)Dät fôndt sech gutt...mein huet mech nämlech heihi gescheckt.
- Dettmuller(platt): Ere Mann?
- Mogenast:Ma nén, mein . Hién ass vu Muneref,an en huet mir geroden op d'Musel an den Hierscht ze kommen fir eng Drauwekur ze mâchen. (an dém Moment kommen d'Maus an d'Anna erem,virwötzig)
- Maus(gre'sst):Bonjour dir Dammen!
- Anna:Siéft gegre'sst dir Dammen!
- Maus:De' Dammen sin bestômmt friém hei,gelt?Dät geseit én un hirer Klédong.
- Anna(weist op de verbonnen Arm vun Dettmuller):Dir sit secher blesse'ert,Madame,kann ech vleicht eppes höllefen?
- Dettmuller(gere'ert):Oh, dir sit zevill le'f,Kanner!
- Mogenast;Sôt Kanner,sit dir Liéseschen?
- Maus:Jo,Madame, fir iéch opzewarden!
- Mogenast(betruecht se): An dir liést de ganzen Dâg?
- Anna:Nömnen bis 6 Auer owes Madame,an dât ass genug fir den Tortiocoli an de Lumbago ze kre'en.
- Dettmuller(matlédeg):Arm Kanner!
- Mogenast(gét hirer Iddi no):Könnst dir mir soen wiém de' Villa do niéwent gehe'ert?
- Maus:Mä secher! Sie ass der Mma.Deiss.
- Anna(verbessert):Fir richtig ze soen,sie gehè'ert der Joffer Sitti, Sie huet se ge'irwt vun hirem versturwene Papp,pardi!
- Maus:Jo,hién ass gesturwen,dén Armen!Mä d'Joffer Ditty huet d'Milliionen ge'irwt.
- Mogenast(verschben): Ann,.... d'Joffer Ditty ass am heiratsfähigen Alter?
- Maus(wichtig):Ah! Jo.... fir alles ze soen,d'Joffer huet ere'scht 18 Jahr.Mä,bei eso' enger Dott,ass et egal ob é 16 Jahr huet oder 99½, 't ass én ömmer am heiratsfähigen Alter,hun ech nèt recht? (sie läfe fort)

Mogenast(skandalise'ert):Mä de' Fraleit si verreckt!
Dettmüller(lächelt güteg):Hm,hm,sie sin net grad eso' domm!De
gudde Witz félt hinnen net.(De' zwé kommen erem me' noh)
Mogenast:Ass de' Joffer Ditty also eso' reich?
Maus an Anna(mat engem gro'sse Geste):AH jo!Dät kann é soen,sie
huet Millio'nen.
Dettmüller:Wo'hir wösst dir dät dann,sidd dir aus der Ge'gend?
Maus:Ech sin vun Esch, aus der Hiél, dät sét dach genug!
Anna:An ech vu Freckeisen. (Begéschtert) Dät ass e Land,d'Touristen
sin all vun sech,wann se dohin kommen.
Dettmüller(lächt):Wät dir net sôt!
anna(klenglaut): O Madame, dir könnt mir et gléwen,ech iwerdreiwén
net.
Dettmüller:Mä we' könnt et dann,datt dir zwé vun eso' weit heihiner
an den Hiérscht kommt?
Maus(erklärt): D'Mme. Deiss huet Famill zo' Esch,an och am Miersch-
erdall,dohir kennt se eis.An,weil ömmer Leit hei félen,durfir
le'sst sie eis kommen.
Mogenast(e we'neg ongedölleg):Fir erem op eis Frô ze kommen:Ass
de' reich Ierwuechter nach ze kre'en?
Maus(liéweg): Ze kre'en?.... Wann dät hir gefällt. All Mönsh wés
datt d'Joffer Ditty nömmen dé bestiéd dén hir gefällt.Ma eso'
enger Dott kann sie dach verlängen frei iwer hir Perso'n ver-
fügen ze können.An datt sie en onofhängegen Karakter huet,
dät kann all Mönsh iéch hei garante'eren.
(Paus)
Anna(virwötze): An,...o'ni indiskret ze sin,dir Dammen,wién sit
dir?Dir kommt dach secher vu weit?
Mogenast(he'chmiddeg):Mir kommen aus der Städt(nach me' ho'frech)
Ech sin d'Baronne Eleonore de Mogenast,wunnen zo' Letzeburg
an engem Hôtél an der Eneschtgäss,hun e Schlass op der
Bourschtermillen an eng Willa zo' Nice....
Maus(netzeckt zum anna):Eng Baronne,Médchen!
anna(schle'td'Hänn iwer dem Kapp zesummen):Pardi! eng Baronne! Mat
all dénen Haier muss d'Mme.Baronin ganz reich sin?
Mogenast(mat engem gro'ssege Geste):Oh reich! 't ass net ze soen!
Zengmol me' reich we' d'Joffer Deiss.
Dettmüller(erschreckt op d'Seit):Wät eng Riédensart! Wo'soll dach
nömmen de' Zort Leit do fabrizé'ert gin?
Maus(verwonnert):Mä, wann dir dach eso' reich sit,wät kommt dir
dann hei an dät klengt Nascht sichen?
Mogenast(wichtige):D'Madame an ech,mir kommen fir d'Kur.
Maus(lächt): D'Kur? Wät ass dann dät?
Mogenast:Eng drauwekur wöll ech soen!
Anna:Elo verstinn ech nach ömmer neischt.
Dettmüller(le'f):Mir wöllen Drauwen iéssen, all Däg e gewösse
Quantum.
Mogenast(grad eso'): 't ass fir me' schlank ze gin, a me' jonk.
Maus(erschreckt):Fir me' jonk ze gin? - (zum Anna): Du, gléws du
dät?...datt é vum Drauweniése me' jonk get? Gott wés we' vill
mir der schon an eise Liéwe giéss hun.Wann dät ge'f stömmen
dann därfst ech höchstens nach 3 Jahr ál sin.
anna:Pardi! Ech mengen och ~~zixx~~ alt eso'! (nodenklech)...Mä,'t kann
én nie wössen.... Ech denken u mei Monni Nekel.....
Maus:A wät huet dén da gemächt?
Anna(gespre'cheg):Dät war eng richtig Spurbeks vu Krankhéten.De
Bockel voller Gicht an d'Bén voller Krämp.Gelidden huet hién
datt en Teddibär bluddeg Tre'ne gekrasch hätt.
Mogenast(ongedölleg):A fir hién ze erlichteren huet den Dokter him
secher eng Drauwekur verschriwen?
Anna(ausweichend):Dät kann ech net grad soen.Jiddenfalls huet
d'Schönerle'n vu Canech him geroden vill Drauwen z'iéssen.
Hién ass ù op d'Mousel bei sei Brudder gängen,an ech kann iéch
soen...hién huet sech drugin! -- Eso' huet hin sech dru gemächt
datt mei Mōni Jäkel önnen Tre'nen gesôt huet:Wann de' verdämté
Gicht de Moni Nekel nach 2 Jahr liéwe le'sst,dann ass eis Liés
am viraus gemächt! ... Mir kre'en dann net emol en hallef
Fäsche Wein,a sin verdämt Wässer ze drenken,bis den Nekel den
hl.Ueleg krit."
Mogenast(insiste'ert):Mä de' Kur huet èrem Moni dach gutt gedöen?
Anna(röselte d'Schölleren):Dät kann ech net soen,weil hién an der
Zeit gesturwen ass.Oh,dir musst wössen, 't war seng Zeit,well

e war âl we' Matusalem.- Jiddenfalls, ént ass secher: d'Drauwekur huet hién net me' jonk gemächt, - dât stét fest, Pardi! (Lâcht)

Mogenast (vexe'ert): Jé, lösse mir dât! Gléwt dir datt mir eis hei können Drauwen verschâffen?

Maus (gefâllég): Oh, secher! So' vill dir wöllt. Dir braucht nômmé mâr erem ze kommen, dann ass d'Joffer Ditty hei.

Anna (zo' Dettmuller): Andir? Wöllt dir och me' jonk gin?

Dettmuller: Nén, dôriver mâchen éch mir keng Gedanken. Ech hätt nômmé gâr e we'neg Drauwen fir mat ze huelen.

Anna: Fir ére Jong, pardi?

Dettmuller: Nén, leider hun ech ké Jong. Ech hun nômmen en Neuveu, dén ass Sportler, Rennfahrer.

Mogenast (suffoque'ert): Nén, Madame, dât gölt net.. an nach e Sportler!!

Dettmuller (iwerrascht): Wât gölt net?

Mogenast (dropgängeresch): Nén, well ech hun e Jong.

Dettmuller: Wann dir e Jong huet, dât hönkert dach net datt ech en Neuveu hun...

Mogenast (bâtter): Oni Zwiwel, awer de sucés vun dém engen, könnt den Erfolleg vun dém âneren verhônneren.

Dettmuller (stét op, ro'ég): Mir können dât Gespre'ch enzwo'sch ânescht weiderfe'eren. Ech muss a mein Hotel goen, well ech erwarden e wichtige Bre'f.

Mogenast (stét och op, e we'neg spatz): Dir huet Recht, Mme. Fir de Moment hu mir neischt me' hei ze din.... (macht 2 Schrött no riéchts, bleiwt plötzlech stoen, dét e Krésch): Oh!... mei Gott!... wât ass dât wât sech do om Buedem Bewegt?

Maus (könt kucken): Peuh! Mâcht iéch dach neischt draus Mme. 't ass nômmen e Mo'kennascht!

Mogenast (op d'aeussesst erschreckt): Mo'ken! ...Himmel! - - wât éklech De'er! Höllef! - (mecht e Sâtz zreck, sprengt widder d' Dettmuller, de' bäl emfällt)

Dettmuller (jeitzt): Hé là, hé là! Passt op Madame, ech biéden iéch! Dir hât mech elo bäl emgeheit.

Mogenast: Oh, entschöllegt Mme. - Mâ wât wöllt der, 't ass me' stark we' ech.... (riff de' 2) Hé Kanner, kommt, stellt iéch hei töschend de' éklech De'er a mech, datt ech lanscht kommen....

Anna: Pardi, wât héscht dât Mme., 't ass dach nômmen e Mo'kennascht!

Maus: An dir sit dach d'Baronin vu Mo'kennascht... (alles lâcht)

Anna: Ent ass jiddefalls secher, de' kleng Mo'ken friessen de' gro'ss net. Hir Zänn sin ze kleng derfir, pardi!

Mogenast (teschend dem Zänn): Kleng Pèscht! Frecht Steck! (se'er no lenks of, Dettmuller follegt hir, röselt d'Schölleren)

3. Szén Maus, Anna (lâchen aus vollem Halé, dann)

Maus: Ah, mei klengt.... Dât Mo'kennascht vergiessen ech a mengem Liéwen net, a wann ech honnert Jahr âl gin. - De' ass bestâmt als hand ze warm gebuedt gin, - eso' en Trallala ze mâchen fir eng Mo'k.

Anna: Pardi! - An extra aus der Stadt heihiner ze kommen fir d'Drauwen z'iessen.

Maus (Lâcht): Ah jo! ... Mâ d'Drauwen de' verjengen!!

4. Szén Vireg, Ditty

(Ditty ass als Liésesch geklédt, mais chic. Frei, mais keng frech allüren, e verschloent Lächlen. Könt se'er op de' 2 zo')

Ditty (le'f): Dajé, Kanner... babbelt net eso' lâng, 't ass gleich Zeit fir d'Nuechtiessen...

Maus (fährt zesummen): Hei, d'Joffer Ditty... 't huet én iéch gur net he'ere kommen.

Anna: Pardi, dir huet eis secher gesicht, Joffer?

Ditty: Dât net grad... Mais ech sin dach fro'h iéch ze fannen. Dir huet elo grad mat zwo' Damme geschwât. Ech war zimlech weit eweg. Wié war dât?

Maus (röselt d'Schölleren): Peuh! Friémér, de' an der Ge'gend sin.

Anna: Pardi! Sie kommen aus der Stâdt fir eng Drauwekur ze mâchen.

Ditty (lâchelt): Bah!...

Maus (sé'er): Eso' hun se we'negstens gesöt... dât héscht, de' eng, well de' huet d'Gabber ömmer op, während de' âner net vill Wirder verle'ert.

Anna (approuve'ert): Jo, eso' ass et. Iwerhâpt Joffer, mâr gesitt dir se, well sie kommen erem fir iéch Drauwen ze froen.

Ditty (licht): Oh, sie kre'en der. Mir hun der dôss Jahr jo genug. (me' éscht) Sie sin also maténé aus der Stâdt komm?

Maus: Bé nén, sie hun sech eigentlech gur net kannt. Durch Zo'fall waren sie matenén am Cur, dén d'Råd geschloen huet. (Lácht) Sie hun am Hiwel Bekanntschaft gemácht....

Ditty (halef lächelnd, halef a Gedanken): - 't ass eng gelunge Geschicht mä mir gesin dát már. - Hält iéch elo net weider op, soss ass alles giéss wann dir kommt.

Maus (erschreckt): Oho! Dát ge'f nach grad félen... Ech hun en Honger we' e Wollef:

Anna: Pardi! Ech och! (zum Maus) Komm, Maus, löss mir eis fleissen...

Ditty: Jo, gitt se'er. Bonsoir, Kanner!

De' 2: Bonsoir Joffer Ditty. (Huelen sech bei der Hand a läfen ôf)
5. Szén Ditty eleng

Ditty (mecht e pur Schrött, dann röselt et de Kapp, mat engem misstrau- eschen, awer dach energesche Geste): Nén, nén, ech gléwen net me' un den Hasard.... an en Zo'fall gött et nömmen - - wann eng Kellerricht zo'fällt.... soss awer net! - Mü,.. 't kommen ganz bestömmt vill ze vill Friémer, a'vu vill ze weit, hei an eis verluren Nascht. - Vir 3 Johr, we' mei Papp nach geliéwt huet, ware mir dach net eso'vu friéme Männer a Fräen iwerrannt, de' extra heihinner kommen fir Drauwekuren ze máchen - - an d' Autocaren hun och net extra d'Råd geschloen....

(Musek setzt an) Nr.1

Sengt: Wát soll dát héschen? Wát wöllens'erréchen?

Wát sichen all de' friém Leit hei an eisem Gutt?

Ech ka mir 't denken... 't mecht mir Bedenken....

Meng Ste'mamm hátt mech allzegär gleich önnrem Hutt.

Trotzeg: Mä, lauschtert ént - behält et gutt,

Ech soen et mat Mutt;

Mengt dir ech wir ze káfen? Oh, dann irrt dir iéch!

Mein Herz ass dach fir kén vun iéch!

Meng Hand kritt nömmen dén dé mir gefällt,

A ke'm hién och vum Enn der Welt.

Hié kann nu reich sin oder arm -

wá blo's sein Herz fir mech ass warm.

Nén, nén, nén! ze káfen sin ech émol net!

Dát wär jo och dát Dommsten watt et am Liéwe get!

(Beim lèschte Sätz ass d'Germaine erakom - am Strössekléd, ganz einfach, vu lenks, ass iwerrascht seng Cousine hei ze fannen)

6. Szén, Ditty, Germaine

Germaine: Wát ass dát Dommst am Liéwen?

Ditty: Mä, wann e jongt Médchen sech káfen, oder bersser gesôt, verkúf lo'sst....

Germaine: jé, jé, Ditty, du dréms nés... Komm le'wer soss komme mir nach ze spe't....

Ditty (hält et zreck): Nén, nén, 't ass neischt wát presse'ert

Am Ge'gentél. - D'Mamm ass eraus mä du konns wirkleech net besser fálen. Ech hun en Dengscht vun dir ze froen.

Germaine (naíve) Dajé, da sche'ss lass. Mir sin dach 2 Schwósteren, oder net?

Ditty: Du bass zevill nett, Germ. Also lauschter em wát et sech dre't. 't sin 2 Dammen aus der Stádt hei.

Germaine: Jo, jo, ech wés et, an sie sin eso'gur nach aus dem Auto gefall.

Ditty (vive): A wann mech net alles trompe'ert, da sin sie mir op den Hals gefall.

Germaine: We'? - - Mengs de?...

Ditty: Jo... ech fértén datt die 2 Dammen menger Ste'mamm erem zwe'n neier Freieren, d.h. Ierwschaftsjéer offere'ere kommen. Iwregens wés du jo we' d'Sách stét. - Meng Ste'mamm wóllt mech onbedingt bestueden, eso' bál we' eng nei Partie sech presente'ert, insis- te'ert sie mat alle Möttelen, datt ech soll jo soen. - Mä ech- ech hun eso' e klengt Hèrzchen, dát e we'neg vill tockeg ass - dát wóllt eruewert sin - dát get sech net dém e'schte, bèschten.

Germaine: Du hues awer och recht. - 't kann dach kén dech ge'nt dei Wölle bestueden! - Wann d'Kandidaten dir net gefálen - ver- weiger se einfach!

Ditty: Dát hun ech jo bis elo och ömmer gemácht. Mä dát diskute'eren a kámpfen mecht mech midd. Durfir wóll ech net datt de' 2 Dammen aus der Stádt mech och nach mat hiren Heiratsprojekten ploeg kommen, . . . an du könnts nir hóllefen datt ech meng Ro'h be- hálen.

- Germaine: We' dät dann? - Ech verlange jo net besser...
- Ditty: Du höls einfach meng Plätz an vis-a-vis vun dénen Dammen. - Du héschs jo Deiss grad ewe' ech, du ges dech einfach aus als d'Médche vum Haus. - Wölls du Germ.?
- Germaine (Lächt): A fir wät dann net? Wann dir domat gehollef ass, da verlangen ech net besser. Ech hu jo och gur ké Risiko derbei - ech sie jo fiance'ert - a sin o'ni Verme'gen - an dann, dät get Knappe Fréd, de' 2 un der Nues eremzefe'eren.... Mengs du dann sie ke'men iwerhåpt erém?
- Ditty: Net me' spe't we' mâr, önner dem Virwand eng Drauwekur ze máchen. - Natirlech sés du mir alles an och dein Androck.
- Germaine (frédeg): Entendu, averstanen. Fért net, ech wèrd meng Roll scho gutt spielen,
- Ditty: Niéwebei, d'Maus an d'Anna sin och mat eis, wa mir se brauchen. Dät sin 2 braver Kanner, de' mir ganz ergin sin.
- Germaine (plötzlech): Opgepasst! Ech gesin deng Ste'mamm elo hanne kommen, sie könnt op eis zo'. Ech gléwen net datt sie eis scho gesin huet, má 't ass vleicht besser wann sie eis net beienén fündt, sie könnt sech vleicht eppes denken...
- Ditty (vive): Du hues recht. Sie könnt nach misstrauesch gin. Ech máche mech eweg. Also bis gleich! (se'er lenks öf)
7. Szén Deiss, Germaine
- Deiss (am Stadtkléd vu riéchts) we' wann sie se'er gänge wir): Du bass et, Germaine? - a ganz eleng?
- Germaine: Jo, Tatta. Ech wollt eso' lues elo eroper an d'Villa goen, ech wo'sst jo net datt dir schon erém wirt.
- Deiss: Ech sin och elo grad erä'scht erém, a sin terribel midd. (sötzt sech) - Wés du wo' deng Cousine ass?
- Germaine: D'Ditty? - 't ass bestömmt net weit. Vleicht ass et bei de Liéschen, de' um Nuechtiessen sin.
- Deiss (seufzt): O Germaine, wanns de wösst wät dät Médche mir Surge echt.
- Germaine (proteste'ert): Oh, wät dir net sôt? - Ech wösst emol gär, wo' hei, op der ganzer Mousel, e Médchen ze fanne wir, dät me' sériós a rasonabel wir, we' meng Cousine...!
- Deiss: Ech zweiwelen jo och gur net dodrun. Má 't kömmert sech gur net em seng Zukonft, 't verstét neischt vum Liéwen...
- Germaine (ro'eg): Bah! - Mat 18 Jahr kann én och nach net alles kennan a wössen.
- Deiss: E Grond me' fir dem Rüt vun Aneren, erwuessen an erfuhrene Perso'nen ze follegen. (Vertraulech): Kuck, klengt Germaine, du hues och ere'scht 18 Jahr. Nu gutt, du hues awer verstánen datt et me' gescheit ass sech fre'h ze bestueden, an... du bass scho verlobt...
- Germaine: Fir e Médchen a menge Schong an Huesen, dät ké Verme'gen huet, ass dät och de' énzeg verstánneg Le'song. Má, fir d'Ditty, dät reich ass, do ass neischt wät presse'ert, dät soll sech net bestueden bis sein Hèrz geschwät huet....
- Deiss (röselte d'Schölleren): Bah! - Sein Hèrz ka lang schwätzen, wann hatt sech dáv stellt a blann. - 't weist de Kapp an 't wöllt neischt wössen..... Wat hun ech him scho Partien bruecht - u kenger war dät grengst auszesetzen... Seng Aentwert war ömmer: Nén!
- Germaine: Hatt wöllt vleicht sèlwer, an eleng wiélen....
- Deiss: Má 't get jo soss neischt vun him verlángt.
- Germaine (Lächelt): Vleicht wés et och nach net ob et sech soll bestueden oder net.
- Deiss: Dät ass jo grad wät mech erschreckt. Soll et warden bis et ál Joffer ass, e'er et sech décide'ert?
- Germaine: Lösst mir hoffen datt et virdrun e jonge Mann fündt, dén no sengem Goût ass.
- Deiss: Dät wönschen ech, Op alle Fall, meng Flicht máchen ech, Ech ris-ké'eren et nach eng Ke'er.
- Germaine (fihrt zesummen): Ah, huet dir him eng nei Partie ze présente'eren?
- Deiss (Hoffrech): Jo, an ech kann eso' gur soen, eng ganz onerwart Partie. En Adélegen, e richtege Barong. Seng Mamm huet haut missen hei am Durf ukomm sin, eso' we' eng Fröndin mir aus der Stadt gemeldt huet. (mat gro'ssem Geste) Ah, dät ge'f eng Hochzeit. Hién ass den énzige Jong vum Barong v. Mogenast, (ziélt op de Fanger) Hotel an der Eneschtgäss, Schlapp op der Bourschtermillen a Villa zo' Nice, kurz a gutt, Millio'nen!

Germaine(dát Bewonnerong virtäuscht):Gro'sarteg!Elo hoffen ech awer datt d'Ditty de' Ke'er net domm genug ass fir eso' e Mariage ze refuse'eren.

Deiss(Lächt,stét op):Ech hoffen et och.De' Ke'er denken ech dach mein Zeil ze erréchen.Dajé Klengt,ech gin elo,mä löss net ze läng op dech warden.Ech läfe se'er no'm Ditty kucken.(se'er no riéchts ôf.Kaum ass se verschwonnen,könt d'Ditty vu lenks).

8 Szén Ditty, Germaine

Ditty(sprengt op d'Germaine lass):Germaine, Germaine,ech hun alles he'eren wát se gesôt huet.(Platzt aus)Baronin vu Mo'kennascht!

Germaine:We'? - Bass du et?Ech hu gemént du wirs weit eweg....

Ditty(ganz se'er): Ech war och weit eweg,awer ech sin se'er erem heihin geláf fir dech ze préwene'eren.'t ass námlech eng vun déne Städter Dammen op dem Wé fir heihin.

Germaine:Ah eso'! Da muss ech elo ufänken mei Kome'di ze spielen?

Ditty:(vive):Nén,haut den Owend spielen ech e sélwer.Ech werdt de' Damm empfänken fir hir gené Intetio'nen kennen ze le'eren.....

Natirlech schwätzen ech an dengem Numm...

Germaine:A Moar schwätzen ech an dengem?

Ditty:Eso' ass et. Elo mách dech eweg.De' Perso'n werdt gleich hei sin, an sie därf eis net beienén gesin.

Germaine:Also,ech verdurften.Nom Iéssen verziéls du mir awer,gelt?(se'er riéchts of,bál zu gleicher Zeit könnt Dettmuller vu lenks)

9.Szén Ditty, Dettmuller

Ditty(gre'sst ganz fröndlech):Bonsoir, Madame!Wát wir iéch gefälleg?

Dettmuller(huet nach ömmer den Arm an der Schlenger):Dir sit zevill le'f Joffer.Hei ass wát mech heihinnerfe'ert.Ech war schon hei

a wollt ere'scht már erem kommen,awer ech ferten már verhönnert

ze sin.Ech wollt froen op ech hei,während e Pur Dég,e Quantum

Drauwen könnt kre'en,fir eng Kur ze machen de' den Dokter már

verschriwen huet,an derbei nach e Pur fir e Kranken.

Ditty:Oh, Madame, eso' e klengen Dengscht kann én dach net verweigere, zemol wo' et det Johr eso' vill Drauwe get.-Dir könnt der Iéssen a mathuelen eso'vill dir wóllt.

Dettmuller(lächelt):Dir sit wirklech zevill gantille... We' héscht dir,wann ech froen därf?

Ditty(zeckt e we'neg):Ech hésche Germaine.

Dettmuller:Ah Joffer Germaine,dir sit wirklech charmante.- Dir men' also datt ech Drauwe könnt kre'en?

Ditty:Ech sin iwerzégt.-Natirlech,'t hängt jo eigentlech net vu mi ôf,mä vun der Joffer Ditty,de' ass Méschtesch hei.Ech sin awer secher datt sie sech eng Pläse'er draus mecht.Ech averte'eren se, an dir könnt már eremkommen.

Dettmuller:Ech wés net we' ech iéch soll Merci soen fir èr Liebenswürdegkét. Also bis már.... Bonsoir Joffer . . a Merci nach eng Ke'er.

Ditty:Bonsoir, Madame!

Dettmuller(op d'Seit):Wat e le'ft Kand! Ah,wanne ch e Jong hätt!(of

10. Szén Ditty eleng

Ditty:Nummer.ént! De' schenggt mir e'erlech ze sin.Sie hät gär Drauwen fir hir Gesondhét,a fir e Kranken am Spidol. De' solle

se kre'en.Vun engem Heiratskame'l huet sie net geschwát....

(plötzlech, wóllt e Krésch dongen): Ei,ei, elo könnt de' áner

och.Dát ass de' famo's Baronin vu Mogenast... Elo héscht et

opgepasst.

11.Szén Ditty,Mogenast.

Mogenast(könt eran,e we'neg gemèng):Só Klengt,bass du vun hei?

Ditty:Jo, Madame, fir iéch opzwarden.

Mogenast:A we' héschs de dann?

Ditty:Germaine....

Mogenast:Ech hun dech elo grad gesin mat enger Jogfer.... wirklech e sche'nt Kand.... Wíé war dát?

Ditty:Dát war d'Joffer Ditty,d'Méschtesch vun der Deissmillen....

Mogenast:Oh,oh,sie ass wirklech distingue'ert..... Bass du Liésesch hei,mei Kand?

Ditty:Jo, Madame!

Mogenast:Verziél mir eppes vun der Joffer Ditty....Sie ass le'f,gelt.

Ditty(ausweichend): Oh,,jo!... zeitweis. Má, sie huet awer och hir Naupen.... an sie huet en Tockskapp we' e Mauliésel.

Mogenast;(virwötzig): ass et wo'er? - An hirem Alter muss sie dach och bál un d'Bestueden denken?

Ditty:Dát ka jo sin,ech wés et net ...mä ént wés ech,sie bestuedt

nömmen e Jong nô hirem Gôüt.... an dé Gôüt ass e'er e we'neg
dificile...

Mogenast:(skeptesch):Bah! A wann én hir e Barong ge'f présente'ren?
Denk'emol Klengt: e Barong, dén en Hotel huet an der Eneschtgäss,
e Schlass op der Bourschtermillen an eng Villa zo' Nice!.....
Ech si secher hir Ste'mamm s'am Sél huet,an datt d'Joffer net me'
we' fro' wir durchzgoen.

Ditty(erschreckt op d'Seit):Brr, Durchzgoen? -- Mei Gottm huet de'
Baronin eng Art a Weis sech auszedrecken.(Hart):Wât dât ugét,
Madame,do huet dir besser d'Joffer Ditty sèlwer: ze froen.

Mogenast:Kann én se da gesin?

Ditty:Awer secher, de ganzen Däg!

Mogenast:Du werdt ech se jo mar gesin,well ech hun d'Intentio'n eng
'Weilchen an der Ge'gend ze bleiwen,fir meng Kur ze mâchen.Dajé,
Bonsoir Klengt!

Ditty:Bonsoir Madame!(Mogenast of) - Gutt, ewell wés ech wât de' hei
sicht.Drauwen fir hir Kur,an eng Ierwduechter fir hire Jong....
Mâ, watt d'Ierwduechter ugét,do kann sie awer nach lãng warden..

12.Szén.Ditty,Maus,Anna,Germaine,Liéseschen.

Anna:Joffer, ech kommen' erem.

Ditty:A fir wât?

Anna:D'Nuechtléssen ass haut me' spe't,pardi! Den e'schte Moscht ass
am Fâss, a we' et eso' Gebrauch ass,kritt dir e bruecht fir ze
schmâchen.

Ditty:Ah,dât ass scho'n. Da ruff de' âner.

(Anna gét aus a rifft.D'Maus könn mat enger Liésesch.Sie brengen
en Lösch op d'Bühn,stellen Gliéser an e Kro' Moscht drop.No hinne
kommen de' âner Liéseschen)

Maus(zum Ditty):Dajé Joffer Ditty, dir huet d'E'er!(weist op de Kro)

Ditty(schenkt aus,d'Germaine hóllefft,dann huelen sie zwé och e Glas)
...elo,Kanner, op èr Gesondhét!

All:Op èr,Joffer Ditty!(sie drénken)

Ditty:Fröndinnen, da lauschtert elo,d'Lidd vum neie Wein:

Musek:Nr.2

Ditty(sengt)

Eis Mousel ass seit we'neg Dégen,
We' all Johr an der Drauweliés.
Durfir ass d'Loft erfóllt vu Ségen,
't ass den Arom vum Moscht so' se'ss!
Jo,de Parfum vun eiser Mousel
Ass de Geroch vum neie Moscht!
Drenkt Kanner,drenkt,well 't ass ké Fusel,
't ass Götterdronk,eng wirklech Loscht!

All:

He'ch solle se liéwen,He'ch,he'ch an dât fein!..
Eis Mislér an d'Riéwen,mat all hirem Wein.
Mir drenke mat Fréden dé göttlechen Dronk,
A bleiwe ganz èrdeg,fiéel mach a jonk.
Dé Sãft vun den Drauwen erfrét jo all Hierz
Verdreiw och all Misãr,all Surgen a Schmierz.
He'ch solle se liéwen,he'ch,he'ch an dât fein!...
Eis Mousel an d'Mislér mat all hirem Wein!

Ditty:

De Moscht dé gôt derno zum Gréchen,
Dé jo scho munech Hèrz erfrét.
Get hién derno als Wein bezéchent
Dann ass hién dât vun dém é sét:
De Wein,de Wein,dât ass d'Gesondhét,
Nach me',hién hält eis ömmer jonk.
De Wein,de Wein,dât ass och d'Gutthét -
We' blenken d'Ä'n no jiddem Dronk!

All:

(we' uewen) He'ch solle se liéwen....
(Durno fällt de Vorhang.)

II.Akt.

De gleichen Decor we' den I.,riéchts op der Seit eng Gardebãnk.
Op der Bãnk eng ál Bãche,oder irgend e gro'sst Duch,wo' én d'
Mogenast kann drawekelen.Op dénen 4 Ecken vum Duch Schne'er fir
zo'zebannen.

1.Szén,Ditty(als Liésesch) Maus,Anna

Ditty:Ech muss iéchnach vun der Deiwelsbaronin Mo'kennascht erziél-
anna:O Pardi!Ech wette Joffer,datt de' iéchnach d'ganz en.
Fréd vergófft, eso' se'er le'sst de' net lass.

Maus (opbruecht): Herrjé, eso' Kreaturen si schlömmer we' d' Pescht an d' Cholera zesummen!

Ditty: Tatsach ass datt sie mir nostellt, datt se mech op den Däch dreiwt. Ech sin um Enn vu menger Gedold. Mir müssen unbedingt e Möttel fannen, fir se vun hei verschwannen ze mächen. An do musst dir 2 mir höllefen!

Maus: Oh, Joffer Ditty, vu ganzem Herzen!

Anna: Pardi! Dir braucht nömmen ze soen wät mir solle mächen.

Ditty: Hei ass, wät ech mir ausgeduecht hun: Dir huet dach gemirkt datt d' Baronin ömmer ganz ro't geklédt ass.

Anna: Pardi! Datt én se soll besser gesin!

Maus: Jo, eso' Fraleit hālen drop iwerall opzefālen.

Ditty: An dir wösst och datt de Jim, eise Wollefskond, de' ro't Farv net ausstoe kann, datt hié billt we' klorrösen, an dropp lass gét we' e Ste'er.

Maus: Dāt stömmt!

Anna: Pardi! De' kleng Liésesch vu Canech huet geschter nach d' Experiēnz gemācht.

Ditty: Also gutt, dir get dem De'er eng stark Ketten, datt et net ka gefe'erlech gin, an da streckt dir et ganz no hei lanscht de Pād un. Wann de Jim dann d' Mo' kennascht komme geseit, da besurgt hié schon de Rescht. Gutt verstānen, dir passt op datt der Baronin neischt geschitt. D' Hāptsāch ass wann sie den Dampf warm genug gemācht kritt, datt sie ké Verlāngen me' derno huet, nach eng Ke'er erem ze kommen.

anna (frédeg): Pardi! Joffer, dir könnt z iéch op eis verlössen. Mir wērdten de' Sāch scho besurgen.

Maus: Hei, elo könnt de' āner Damm.... de', de' net Baronin ass. Kom Anna, während d' Joffer Ditty mat dēr Damm schwätzt mūche mir de Jim an d' Reih fir den Theater. (allen 2 hannen riéchts of, Dettmüller könnt vu lenks vir)

2. Szén Ditty, Dettmüller (o'ni Slenger)

Ditty (op d' Seit): De' gudd Madame ass grad de Ga'gentél vun dēr Famō'ser Baronin. Mōng Sympathie fir sie get ömmer me' gro'ss.... (gét hir entge'nt): Bonjour Madame! We' gét et iéch haut?

Dettmüller (récht hir d' Hand): O, armt Médchen, wann dir we'sst watt passe'ert ass!

Ditty: A wät da Madame? En Ongleck?

Dettmüller: 't ass net grad e gro'sst Ongleck, mā 't hāt awer könne sin.

Ditty: Wät ass da geschitt? -- Ass iéch eppes passe'ert?

Dettmüller: Nén... mengem Neveu! ... Dir wösst natirlech net datt ech en Neveu hun dé Rennfahrer ass. Hié fihrt vill hei op der Mouselstrōss. De' lēcht Woch ass en och hei durchkomm, ann -- ech wés net we' et gāngen ass -- 't muss him eppes virun de Wōn komm sin -- en ass erausgesprongen an huet sech d' Bén verletzt an den Arm verstaucht.

Ditty (matlédeg): Oh, dén arme Jong.... Hién ass awer we'negstens net a Liéwensgefōhr?

Dettmüller: Nén.. Hién ass scho vill besser. 't ass nömmen nach eng Sāch vun e Pur Dég.... Mā, 'ech hāt jo vergiēss ze soen -- en ass am Spidol zo' Mācher....

Ditty (iwerrascht): We'? -- am Spidol zo' Mācher?

Dettmüller: Jo, Geschter hun ech e Bre'f kritt, dé mir iwerall nogesche gin ass, doran verzielt hié mir alles. -- Dāt hāt ech mir nie gedrémt. Den Niki verwōndt.... an a Behandlong hei an der Ge'gen

Ditty: Niki? -- Héscht en Niki?

Dettmüller: Maja! -- Wonnert dāt iéch?

Ditty: 't ass weil....

Dettmüller (interesse'ert): Weil wät?

Ditty: Ech wōll iéch erklären; Bāll all Mürges scheckt d' Mme. Deiss mech an d' Spidol op Mācher mat engem Knref voll allerhand fir de' we'negerbemōttelt Krank....

Dettmüller (opmierksam): Ah?

Ditty: An a Wirklechkét hun ech dōss Dég am Gart -- sche'n op enger Chaiselongue ausgestreckt -- e jonge Mann gesin, dén ere'scht ganz kurz do ass, an ech hun he'eren we' se hién Niki genannt hun.

Dettmüller: Mā dāt ass én! Dāt ass mein Neveu!

Ditty: O wāt sin ech fro'h datt ech dāt wés, stellt iéch vir, ech hu schön e pur Mol mat him gēschwāt.

Dettmüller: Kuck elei. Da sit dir och dāt sche'nt Médchen, als Liésesch

geklédt, vum dém hién net midd get ze erziélen....We' hié mir et gesôt huet, hun ech gleich un iéch geduecht, awer ech konnt mir jo net virstellen datt et me'glech wir.... ewell gesin ech..

Ditty: An ech hätt mir nie gedrémt datt et èren Neveu wir.

Dettmüller: Hién de't iéch gär erem gesin. ... an nach daks! Leider ass et net fir läng.... Eh, dât wir e Mann fir iéch, klengt Germaine. Wann dir we'sst we' le'f, loyal, trei a genere's hién ass. Hié we'sst bestömmt dât Médchen, dât him sei Liéwen wöllt uvertrauen, glectlech ze mâchen, gléwt mir es!

Ditty (gere'ert): Oh, ech zweiwelen net drun, Madame. Am Ge'gentél, ech gléwen et - ech sin iwerzegt.

Dettmüller (verschloen): Ech gin derno bei en - - Soll ech him eppes vun iéch/Ausrichten?

Ditty (vive): Datt ech.... (hölt sech erem).. Datt ech him mâr Drauwe brengen.

Dettmüller: Hätt die en net gär als Mann? - Wann dir emol bestuedt wirt ge'f hién iéch bestömmt nach besser gefâlen.

Ditty (embarasse'ert, röselt d'Schölleren): Ech wés net wât ech iéch soll soen, Madame. Eso' Décisio'nen lössen sech net iwer de Kne' briéchen, a bis elo hun ech nach un neischt eso' geduecht.

Dettmüller (le'f): Oh, fir neischt op der Welt wöllt ech en Drock op ér Gefiller ausüben, klengt Germaine. - Mâ denkt emol drun! - Wöllt dir? An èrem Àlter, a sche'n we' dir sit, do ass et un der Zeit sei Mâcheprönz ze bege'nen. - An hei hu mir schon én dén nômmé me' vun iéch drémt. - - denkt drun. - Au revoir!

Ditty: Au revoir, Madame! (Dettmüller of) (Ditty stét en Ablek no-denklech, dann): Ech muss dach emol kucke goen ob d'Germaine an der Ge'gend ass. (och of, d'Bühn bleiwt en Ablek eidel, da könnn dé Maus eragerannt.)

3. Szén, Maus eleng, Anna hanert der Bühn

Maus: Hei, d'Joffer Ditty ass fort! - a wât bedeit dât? D'Mo'kennascht kann dach all ablek kommen. - Jiddenfalls 't ass alles gutt virberét - a wât de Jim net fêrdeg brengt, dât besürgt d'Anna. Wa mir d'Joffer Ditty de' Ke'er net vun dem ro'den Deiwel be-freien, dann ass et fir de Mutz ze verle'eren.

Musek Nr. 4

Maus: (sengt) Jo, du mei ro't Mo'kennascht,
Haut héscht et opgepascht -
Könns derno du op den Dill
Get et gro'ssegt Hondsgébill.
Well eraus muss du elei,
An dât kre'e mir an d'Reih.
Löss eis Joffer sche'n an hirer Ro'h!

Anna (hanert der Bühn)
Ho', ho', ho', ho', ho', ho', ho'!

Maus:
Pass op, lâf net zevill
Ro'den Deiwel an zivil!
Da get eis Joffer och rem fro'h

anna:
Ho', ho', ho', ho', ho', ho', ho'!

Maus:
Hei ass jo fir dech keng Plätz,
Lâf le'wer rem hém bei d'Kätz! (d'Ditti könt eran)
Dengesgleichen gét et eso'.....

anna:
Ho', ho', ho', ho', ho', ho', ho'!

(Dittiy a Maus lâchen aus vollem Hals)

4. Szén Ditty, Maus

Ditty: A wât héscht dât do? - Wât ass dât fir en Theater?

Maus: Dât war nômmen eng kleng Pro'f, Joffer Ditty. 't ass alles an der Reih. De Jim ass direkt beim Pâd ugestreckt, dén d'Baronin muss cropkommen.... Dât armt De'er..... 't ass vum Jim wo' ech schwätzen an net vum Mo'kennascht.

Ditty (lâcht): Ech hu verstânen.

Maus: Dât armt De'er ass fest ugebonden, awer d'Ketten ass läng genug datt die der Baronin kann den Dampf warm mâchen, sie muss sprängen datt se Schong an Huesen verle'ert...

Ditty: Jo, datt se d'Se'krankhét kritt. ... Awer, wo' ass dann d'Anna?

Maus: Dât ass beim Jim, fir dén ze iwerwâchen, an do nozehöllefen, woe de Jim et net eleng fêrdeg brengt.

Ditty: Dann ass jo alles a beschter Ordnong. 't war awer och Zeit, well d'Baronin werdt gleich hei sin.

Maus(vive): Hé, Joffer, wann é vum Wollef schwätzt, dann ass de Schwanz net me' weit! Kuckt, elo könnt de' affronte'ert Baronin. - nén, kuket nòmmen, ass dât net wirklech der Deiwel an zivil!! - Sie ass nach me' ro't we' gewe'hlech. ('t he'ert én Hondsgesbill ganz hart a ganz noh) Aha, de Jim ass a Funktio'n

Ditty(plötzlech): Ech mache mech eweg. Ech därf dèr Szén net beiwunn... we'negstens därf ech net gesin gin.

Maus: Jo Joffer, 't ass besser.

Ditty: Macht gené we' ech gesôt hun. (riéchts of)

5. Szén Maus, Mogenast, dann Anna

(Jim an de Kulissen, ömmer me' hart: Ho', ho', ho', - 't he'ert én we' en un d'Kette sprengt)

Mogenast(an de Kulissen, jeitzt mat greller Stömm): Oh!... Oh!... 'tass schrecklech! Mei Gott! Höllef! Höllef! - Halt e fest! Halt e fest! - E gét u mech! (könnst ausser Otem eragelâf, ziddert op Hänn a Fe'ss) Médchen! Joffer! hält dach dât De'er fest.... Hält dach den Hond fest! en ass rôsen ... en ass toll... e wöllt mech beissen! (Do baussen billt de Jim nach ömmer)

Maus(stellt sech erschreckt): Oh Mamm! Kommt heihin Madame! Kommt ech wöll versichen iéch ze schützen, well 't ass terribel wann dât De'er gereitzt ass.

Anna(könnst gelâf): Gare, Gare! Wât eng Katastrophe! Huet dât Ve'h-de'er sech elo och nach lass gerappt? Wât méchen? - en ass fort! An en ass vollständeg toll! - Wann en nòmmen net heihiner könnst. (zur Baronin): Madame, 't sin èr ro't Kléder de' en eso' an d'Roserei bruecht hun, Pardi!

Maus(mat engem schreckleche Krésch) Ro'eg! - Hé! - Elo könnt en!

Mogenast(ganz verlur): Verstoppt mech! Verstoppt mech! Dir sollt et net fir neischt gemächt hun. - Eng Belohnong ass iéch secher. Hölleft mir!! - Wo'hin läfen??

Maus(geseit d'Bänk, mat Autorite't): Se'er elur hannert d'Bänk! 't ass dât énzeg Möttel fir iéch ze retten.

Mogenast(gét hannert d'Bänk, duckt sech)

Maus: Elo ganz ro'eg! Mir decken iéch zo'! Anna komm höllefen! (Sie mache d'Bäche ausernén) Eso', elo get dir zo'gedeckt! (sie wek len se dran datt sie sech net me' re'ere kann, an och neischt me' geseit, strecken d'Ganzt mat Schne'er zo')

Anna(lues zum Maus): Ewell gleicht se enger Zosiss. (hart zur Baronin) An elo net me' bouge'ert, 't gét fir ert Liéwen. Mir gin elo kucken datt mir den Hond fannen, fir en erem unzebannen.

Mogenast(am Säk, mat deierlecher Stömm): Rett mech! Hölleft mir, dir sollt och ké Schued drun hun!

Maus(stellt sech erschreckt): Ro'eg! Elo könnt de Jim gelâf(riff) Jim, Jim hei! (get dem Anna en Zéchen, sie fänken un mat de Fanger d'Gereisch vun den Hondspatten no ze mache, während der Zeit billen se durchernén)

Anna(mat ziddreger Stömm): Oh Pardi! hié sicht se! Ho', ho', ho',!

Maus(grad eso'): Op d'Seit! hién ass richtig toll, e könnt eis nach selwer beissen! Ho', ho', ho'!

Anna:(Krätzt mat de Fanger op der Bänk): Kuck, ewell huet hién d'Patt schon op der Bänk! Mei Gott! op émol richt en se! Ho', ho', ho'!

Mogenast(erschreckt): Kanner! Kanner, hölleft mir! Rett mech!!

Maus(be'ss): Da sit dach ro'eg Madame! Ert Geschwätz mecht dât armt De'er jo ömmer nach me' be'ss. Stellt iéch dât dât ass dât Béscht.

Anna(ganz noh bei der Bänk): Ho', ho', ho'! (ne'sst op émol): Hatchum!..

Mogenast(verwonnert): Hei, dén Hond ne'sst! (streckt de Kapp zu engem Lach aus dem Säk eraus, geseit d'Anna dât ganz nobei stét): Oh, par exemple! - Wât bedeit de' Kone'di dô?

Maus(se'er): Pscht! Madame! Weist iéch net zevill! Dât armt Médchen huet vun Zeit zu Zeit Anfäll.... Dann hält et sech fir e rosené Hond, a kann gefe'erlech gin.... Wart, ech wöll versichen et vun hei fort ze kre'en! (léft bei d'Anna, hölt et bei der Schöller an dreckt et virun sech hir. Allen 2 lüchen a billen iwerdém se ôfgin.)

6. Szén Mogenast, Germaine

Mogenast(nach ömmer geschne'ert): Ech mengen de' 2 Médercher sin ént eso' verreckt we' dât ähert! ... Sie gi fort, a lösse mech an döser Situatio'n. We' soll ech nòmmen hei erauskommen, o'n meng vischt Face ze beschlédegen? -(kuckt no riéchts) Ah, Gott sei Dank, elo könnt én!.... Hé.... wann ech richtig gesin, dann ass

et de' charmant Irwduechter a Perso'n, eso' we' ech se des Dég
gesin hun mat hirer (Cousine. Riff) Hé là, Höllef! Joffer wann
iéch gelifft, höllefft ech biéden iéch!
Germaine (könt erbei geläf): Wié rifft mech? (geseit se): Himmel, Madame,
wät mächt dir dann do? Wién huet iéch dann an de Sük gebonnen?
Mogenast: Sie hu mech heihin verstoppt virum Hand, dé mech verfollegt
huet. Mä elo wo' den Hond fort ass, ge'f ech vu ganzem Hèrz och
gär fort vun hei kommen.
Germaine (lächelt): Dät kann ech verstoen, Madame, Kommr, ech mächen iéch
lass. (ganz le'f, höllefft der Baronin aus dem Sük eraus, an erem
op d'Fe'ss stoen).
Mogenast: O merci fir èr Gefällegkét. (zemperlech) Dir sit dach d'Jof-
fer Deiss, gelt?
Germaine: Awer secher Madame!
Mogenast (mat Schwonk): Oh, ech si fro'h iéch ze begehen, well ech muss
iéch gestoen datt ech iéch scho kennen!
Germaine (iwerrascht): Eso'? A we' dät dann?
Mogenast: Oh jo! Ech hun eso' vill Gudds vun iéch ho'eren!
Germaine (ironesch): Ganz flate'ert, Madame. Dir sid ze gutt!
Mogenast (déklamé'ert): Ech sin d'Baronin Eleonore de Mogenast. Ech
hun en Hotel an der Enschtgäss, e Schlass op d'er Bourschter-
millen an eng Villa zu Nice, a meng Renten sin net ze verwerfen.
Germaine: ah!
Mogenast (gespre'cheg): Dät ganzt, enormt Verme'gen gét u mei Jong, de
Barong, (vertraulech): well ech hun e Jong, an énzegen Ierwen,
e flotte jonge Mann, voll Elan a Géscht...
Germaine: Ah!
Mogenast: Oh, hié kennt iéch scho ganz gutt.
Germaine (platt): Hié soll mech kennen? Mech?
Mogenast: Hié kennt iéch eso', datt e mir den Opdrag gin huet iéch em
èr Hand ze froen.
Germaine (grad eso'): Meng Hand? Mech?
Mogenast: Jo, em d'and vun der Joffer Deiss.
Germaine: (verneigt sech): Ganz gere'ert Madame! - Awer ech hätt dät
net erwart.... ech muss nach iwerléen....
Mogenast (vive): Oh, èr aentwert presse'ert net. Dir braucht keng
Kätz am Sük ze käfen. 't dauert net me' läng da wèrdt ech iéch
mei Jong, de Barong vu Mogenast virstellen, well hié soll heihin
kommen, ech erwarden hién all Däg.
Germaine: Dann hun ech jo nach Zeit ze iwerléen, durno schwätzen mir
dann erem dervun. Au revoir Madame.
Mogenast (Bis geschwönn Joffer! (Germaine of) no lenks)

7. Szén Mogenast eleng

Mogenast (wann d'Germaine fort ass - mat gefülltem Beleg, d'flott!
Musek Nr. 5

Mogenast (sengt)
Ech hun et endlech fèrdeg bruecht,
Haut hun ech réusse'ert.
Lang hun ech och derno getruscht,
Mä 't ass elo engage'ert.
Ech fèrten net, well ech et fillen
Mei Jong get Här op Deisermillen!
Wa' sollt et äneschter och goen?
Wié könnt do mir och widerstoen?

Ech sin eng geisch Madam,
Eng de' sech weise kann:
Barong, Schlass vu Bourschtermillen,
Do muss jiddor Mönch dach fillen
Datt d'Kand net ka widerstoen -
Hatt muss Jo an Amen soen.
Nén, hatt kann net widerstoen -
Hatt muss Jo an Amen soen.

(geschwät): Jo, eso' ass et an net änescht. De' ländlech Irw-
duchter ass e klenzt Médchen, o'ni vill Mane'eren, de' net me'
we' gebauchpinselt ass, e Barong bestueden ze dürfen. Op der
änerer Seit ass sie bestömmt intelligent genug, a vu guddem
Karakter. Duxfir ass et bestömmt net schwe'er hir Erze'hong ze
besurgen.... Kuckt no riéchts a rifft): Hei, hei! Elo könnt de'
flott Liésesch vun des lèscht. De' könt grad we' geruff. Hoffent-
lech le'sst se sech e we'neg bearbechten, sie könnt mir vu
gro'ssem Nutzen sin, fir meng a Plangen ze réalise'eren.

8. Szén, Mogenast, Ditty

Ditty (könt vu riéchts, geseit d' Baronin): Bonjour Madame, sit dir eren an eiser Ge'gend. Braucht dir Drauwen?

Baronin: Nén, fir de Moment net. Par Hasard sin ech hei durchkomm. Awer ech si fro' iéich erem zegesin, klengt Germaine.

Ditty (bescheiden): Madame, dir sit ze nett!

Mogenast: Ech hätt dir eppes ze soen.

Ditty: An dät wir, Madame?

Mogenast: Dir e Virschlag ze machen. Hues du 5 Minuten Zeit fir mech?

Ditty (verstellt naïve): O, nawell lo an eso'gur eng Ve'erelestonn, wann et iéich Pläse'er mecht.

Mogenast (wichtig): Also, lauschter. Ech hun dech an der Gesellschaft vun der Joffer Deiss gesin, an èr Familiarite't le'st mech un-huelen, datts d'ix ganz intim mat hir bass. Wanns du och nömnen eng einfach Liésesch bass.

Ditty: Jo Madame, mir sin ganz gutt zesummen. Denkt iéich, mir kennen eis seit Kandszeit. Mir sin matenén opgewues we' 2 Schwösteren.

Mogenast (entzückt): Dät ass fein! Dann hues du och secher eng Influenz op d'Joffer Ditty?

Ditty: Vleicht! Hatt frét mech daks em Röt, an 't follegt och alt mengem Avis.

Mogenast (grad eso'): Dät ass jo nach besser. Lauschter, Klengt. Du bass jo och net op Gold gebett. Dät ass dach secher bei dengem Stand...

Ditty (vaguè) Hm...

Mogenast: Jo! An du ge'fs bestömt e Pur Billiéen net ôfweisen, de' dir höllefen de'ten dech ze etable'eren.

Ditty (reserve'ert): Hm...nén...

Mogenast: Nu ja, da lauschter: Gebrauch all dein Einfluss fir d'Joffer Deiss dohin ze brengen, datt sie sech mat mengem Jong bestiéd, dem Barong de Mogenast. Wanns du réusse'ers, wo'vun ech fest iwerzégt sin, da garante'eren ech dir dats du kineklech belo'hnt ges. Do gin ech dir mei Wurt.

Ditty (op d'Seit) Oh lalala! (Hart): Mä - dät gét net eso' licht.... Ech hun iéich jo gesôt, datt d'Joffer Deiss wés wät sie wöllt, an datt sie nömnen hirem Käppchen no mecht.

Mogenast (wegwerfend): Oh, d'Baurebourgeoisie dre't de Kapp ömmer he'ch, mä sie sin se'er force'ert d'Nues anzeze'hen. An iwregens, wät ass Deiss? - De Papp huet sech mat der Gouvernante bestuedt - - verste'h gutt, dé Mariage interesse'ert mech net, awer och gur a glät net. - De' Leit stin jo vill ze de'f önnert eis.

Ditty (platt): Eso'? - A wurfir wöllt dir dann....

Mogenast: 't ass mei Jong dén sech en Äf gefriéss huet un der Joffer Ditty, mä wurfir nach vill schwätzen, denk un dät wät ech dir gesôt hun. Wanns du wirklech höllefs, mei Klengt, da mecht mei Jong dir e sche'ne Cadeau. Vergiés net! Au revoir!

Ditty: Au revoir, Madame, (Mogenast of): 't ass égal! Do gehe'ert dac allerhand derzo'!.... Geld unzebidden fir gehollef ze kre'en, datt hire Jong de' reich Irwduchter hémfe'ere kann.... Dät en Baronin? - - Dät mécht ké mech gléwen! - 't ass eng affronte'ert Abenteuerin, an dät ass alles!

9. Szén, Ditty, Deiss (als chic Liésesch)

Deiss: Ah du bass et, Ditty, Mat wiém hues du dann elo grad geschwät?

Ditty: Mat dèr famo'ser Baronin vu Mogenast, de' ewell all de' Dég em eis dre't. Sie huet mir grad eng gelunge Propositio'n gemacht...

Deiss: A wät fir eng?

Ditty: Well se mech ma'm Germaine verwiésselt, huet se mech ugestallt d'Ditty ze beeinflussen, hire Jong, de Barong vu Mogenast ze bestueden. Sie huet nach gesôt: wann dé Mariage zo' Stand ke'm, de't ech mat engem sche'ne Cadeau belo'hnt gin....

Deiss: Wät fir e Cadeau?

Ditty: Sie huet vu Billiéen geschwät, weil sie mech fir eng arm Liésesch hält!

Deiss: Skandalise'ert). Ass dät nach dran! - A wät hues du gesôt?

Ditty: Neischt!

Deiss: Hues du se dann net enges bessere bele'ert?

Ditty: Ech hu mech wuel gehutt. 't ass vill besser 't ~~ixx~~ le'sst én d'Leit hir richtiget Gesicht weiden.

Deiss: (iwerlét): Lauschter, mei Kand, 't muss én neischt iwerdreiwén. Vleicht huet d'Baronin deng richtiget Identite't erfuhrt, a wollt durch hir anscheinend gelunge Mane'er, dech nömnen op d'Prof stellen, ob's du wirklech würdeg wirs e Barong ze bestueden.

Ditty (widersprechend): Diw mäch de Geck Mamm, oder dir mäch iéich eppes

Deiss:Vleicht.... Mä, wann ech emol de't mat hir schwätzen!....
Ditty:Oh,neischt me' einfach we' dät,obschon se jo eigentlech net
no iéch gefrot huet.Ech schecken iéch se.Dir sit jo haut als
Liésesch ugedoen,a weil sie jo d'Gebräucher vun hei gur net
kennt,stellt sie sech net vir,datt dir könnt d'Mme.Deiss sin.
Durfir könnt dir iéch ganz frei mat hir önnerrhålen...Lauschtert,
lösst sie verstoen dir wirt dem Germaine seng Mamm,dät sie jo
gebiéden hätt,hir beim Mariage vun hirem Jong ze höllefen, an...
da könnt dir jo sëlwer he'eren...

Deiss:Gutt, averstänen,ech muss nach se'er ma'm Jampir schwätzen,
wegent der Arbecht, an e Pur Minutten sin ech erem hei.(of)
10.Szén Ditty eleng

Ditty:(seufzt):Arme Fra! Natirléch,sie sicht a wönscht a wöllt nöme
mei Gleck.Mä we' irrt se sech an hirer Hast,mech mat aller
Gewalt wöllen ze bestueden,am Plätz mir Zeit ze lössen sëlwer
ze sichen an ze wiélen!(neie Seufzer) An dann,sie huet de'fix
Iddi,dät stänneg Bedürfnis iwer hir Conditio'n ,hire Stand
eraus ze wöllen.'t ass hir net genug d'Ste'mamm vun hirem
Méschter senger Duechter ze sin.Ewell hätt sie och nach gär e
Barong als Edem.(Aerm zum Himmel)Wät fir e Pläse'er,ech froe
mech,wät fir e Pläse'er kann én nömnen dra fannen,e Barong als
Edem ze hun?(Hefteg)-Sie brauch dät we' de Fösch d'Wässer - 't
ass hir Marotte! (entschloss): Mä ech wöll net d'Opfer vun
hirer Marott gin a sin!(kuckt no riéchts, e Krésch): A wät
gesin ech elo hannen? Alt erem d'Baronin vu Mo'kennascht! D'
Baronin an ömmer erem d'Baronin - 't geseit é soss neischt me'
wä' hire ro'de Rack. 't ass dach schrecklech! Net én Ableck
Ro'h kann sie engem lössen!(kuckt erem) Majo! 't ass se wahrhaf-
teg,sie könnt ganz lues - 't mengt én sie hätt eppes verlur.
(onro'heg) A meng Ste'mamm ass nach ömmer net hei. 't wir dach
elo de Moment derfir.(kuckt no lenks,wonkt mat der Hand)

11.Szén,Ditty,Deiss(als Liésesch)

Deiss(köntt gelâf):Mä hei sin ech jo! Wo' brennt et dann,datts du
eso' ongedölleg bass.Ech war dach net lang fort.

Ditty:Do ass kén Zweiwel,mä d'Baronin ass nach me' fleck we' dir,
well kuckt, elo könt sie schon erem. - Sie muss Angscht hun
virum Jim,datt sie dén ânere Päd erop könt. - An 2 Minutten
muss sie hei sin.

Deiss:Wann ech kommen Ech si prâte fir den Empfank.

Ditty:Verglêsst net datt ech d'Germaine sin, an dir meng Mamm.

Deiss:Mâch dir keng Surgen - An elo ge'h fort,wanns de net wölls
datt sie dech soll heihålen.... Sie huet dech secher scho
gesin,

Ditty:Mä dät mecht dach och gur neischt aus..Also bis gleich!
(se'er riéchts of)

Deiss:A Wirklechkét wir ech net be'ss,de' Baronin e we'neg me' noh
kennen ze lo'eren,an hir hémlech Intentio'nen ze gesin.

12.Szén Deiss,Mogenast

Deiss(feierl.To'n):Pardon Madame,dir sit secher net vun hei,vleicht
braucht dir irgend eng uskonft? - Huet dir vleich én oder
eppes verlur?

Mogenast(se'ss):Wann ech mech net irren,da sit dir et de' ech sichen.
Dir sit dach dem Germaine seng Mamm,gelt?Ech hu gemént ech
hätt et elo grad bei iéch gesin?

Deiss:Jo,Madame, d'Germaine ass meng Duechter,fir iéch opzwarden.

Mogenast:(zâfridden):Gutt! Ech si fro' iéch ze fannen...(wichtig)
Ech hu scho mat érer Duechter vun dénen Deiss hei geschwät.
Dät sin dach lächerlech Parvenüen d.h.Neireicher.De' jetzeg
Mme.Deiss ass jo dach nömnen de' fre'her Femme-de-chambre.

Deiss(fihrt zesammen)op d'Seit):Oh, de' knaschteg Schläng! - Ech -
eng Femme-de-chambre! - Wat eng Pèscht!...(hart):Mä Madame,
wann dir se dach als eso' weit önnert érem Niveau betruecht,
fir wät sicht dir se dann op?

Mogenast(gét he'ch):Se opsichen,ech? - Wann én d'Baronin vu Mogenast
ass,mat engem Hotel an der Eneschtgäss,engem Schlass op der
Bourschtermillen an enger Villa zu Nice,niéwent all déne Mil-
lio'nen,da lächt én dach iwer de' kleng Baurebourgeoisie....
wann ech mech drem kömmeren dann ass et wegent mengem Jong,dem
Barong...

Deiss(sarkastesch): Dé Barong,dé speitzt also net op de' kleng
Baurebourgeoisie?

Mogenast(mat Nodrock):'t leit him eso' vill drun we' un senger

e'schter Box! - Dir musst mech verstoen. Mei Jong wollt eng Indesch Prinzessin bestueden, de' hién zo' Pareis kennegele'ert huet, eng wirklech Sche'nhét. - D'Duechter vum Rajah vu Misore. Well hién dann awér hätt misse matgoen bis hannen an Indien, an ech hién fir ömmer verlur hätt, durfir wöll ech him eppes Aneschtes sichen. Eng vu menge Fröndinnen huet mir de' kleng Deiss ugin, durfir wöll ech mei Jong un sie hetzen.

Deiss(lächelt): Dát ass nawell gurnet domm vun èrer Seit.

Mogenast(zefridden):Gelt! Oh, ech sin net ere'scht vun haut a gescht. Also gutt, ech repete'eren iéch wat ech èrer Duechter gesôt hun. Hölleft mir, dé Mariage ze réalise'eren, dir sollt èr Dél vum Médico senger Dott kre'en.

Deiss(op d'Seit, o'ni'Otem):Vun der Dott...!Wat en Tuppi!(hart)Ech hu verstanen, Madame!

Mogenast:Ech kann also op iéch zielen?

Deiss:Mir mâchen alles wât mir können, no èren Instruktio'nen. Zo' eren Dengschten, Madame. (gre'sst a gét riéchts of)

13. Szén Mogenast, dann Maus an Anna

Mogenast(iwerlét):'t brauch én nônnen eng Belo'hngong ze verspriéchan da gét alles. Watt me'chen de' Leit net alles fir e pur Blôer! - - 't ass égal, ech sin zefridden. Ewell hun ech 2 Bundesgenossen an der Plätz, elo ass se vill me' licht ze huelen.

Anna(spreckt de Kapp eran, geseit d'Baronin, op d'Seit):Sie ass nach ömmer net fort! - Nach ömmer hei! - Sie installe'ert sech! - Soll et da ké Möttel gin! - O wart, ro't Mo'kennascht, mir wërde dât scho gesin. (verschwöndt en Ableck, da könnt et erem, sprengt direkt op d'Bühn, léft we' geckeg hin an hir, billt)

Mogenast:(erschreckt)Himmel, wât ass dât do? - Wat ass dann ewell erem lass? - Hei huet én awer och net én Ableck Ro'h!

Anna(léft op se zo') Ho', ho', ho', !

Maus(we' wann et dem Anna no de'lâfen): Op d'Seit Madame! - ech bi-den iéch, op d'Seit! - Ech gin net me' eleng mat him fêrdeg!

Mogenast(sprengt op d'Seit):Mâ wat huet et dann eigentlech?

Maus(dât em noléft):'t ass den Hond!

Mogenast:We' den Hond?

Maus(grad eso'):Seit der Geschicht ma'm Jim sin seng Anfäll schrecklech. 't hält sech fir e rosenen Hond. Durfir natirlech billt a beisst et....

Baronin(erschreckt): Beisst et?

Anna(sprengttop se lass): Ho', ho', ho'!

Mogenast(sprengt hannert d'Bänk, Anna hir no, dât e pur mol - natirlech ass d'Maus hannendrun)

Mogenast(léft op émol lenks of):Ah nén, hei get et dach ze gefe'erlech!

anna(billt nach e we'neg no)Ho'ho'ho'!(Da lachen se allen 2 aus vollem Hals, iwerdém setzt d'Museg an Nr.6

Maus an Anna:

Mir hun se! Mir hun se! Mir hun se kritt!
Kuckt we' se léft, Sie huet hir Britt!
Sie hát jo och soss neischt verdengt,
Wât huet se alles sech erenget!
So' muss et jidderengem gon,
Dén Aneschter net wöllt verston.
Eis Joffer get elo rem fro'

anna eleng: Ho', ho', ho', ho', ho', ho'ho'!

Vorhang.

III. Akt

E Salon an der Villa Deiss, gro'ss Fönsteren de' op e Park gin.
1. Szén Ditty, Germaine

(Wann de Vorhang opgét sôtzt d'Ditty, ganz nobel geklédt, um Dösch, steipt de Kapp. D'Musek spillt d'Virspillzm folgende Lidd Nr.7 - D'Ditty stét traureg op a sengt: - Scho während dem 1. Satz könnt d'Germaine eran, och chic geklédt.)

Ditty: We' lang soll dât wuel nach dauren,
Dât Gehêchels a Gemech?
Soll ech em de Barong trauren?
Nén, dât war dach neischt fir mech!
Nén, nén, nén, gur neischt fir mech!

- Germaine: Jé, du wölls dach wuel net trauren,
Du wars Hèrr dach ste'ts bei dir!
An et wir de'f ze bedauren
Wann 't op émol ànescht wir.:/:
- Ditty: Jo, mei Germ. du hues gutt schwätzen,
E Freier hues du fein a brav.
Keng Ste'mamm de' dech de't hètzen,
Alles gét sei sche'ne Lâf. :/:
- Germaine: Du hues dech bis haut gefâlen,
An dein Herz fir dé versurgt,
Dén dir émol sollt gefâlen,
Siéf gekro'scht, den Herrgott surgt! :/:
- Germaine: Armt Ditty, mâch dir dach net eso'vill Gedanken.
Ditty: O Germaine, ech wir emol gâr déne Surge lass... 't ass net me'
auszehâlen.
- Germaine: Mâ wié plôt dech dann?
Ditty (décourage'ert): Meng St'mamm.... ömmer .. ömmer dât Gesés!
Germaine (verwonnert): We'? Nach? Ech hätt dach gemént sie hätt d'Nues
vol seit hirem Gespre'ch mat der Baronin Mo'kennascht.
- Ditty (ze'ht d'Schöller): Jo, 't ass we's d'xxx et wölls huelen. Mâ
du kenns dach hire gro'sartege Kapp! ... besonnesch wann et sech
em mech handelt.... Sie hätt mech dach emol ze gâr als Baronin
gesin. - Sie könnt ömmer erem dermat. 't ass fir mech e rich-
tegt Martyrium.
- Germaine (le'v): O du armt Médchen, mâch dir dach net eso'vill doraus.
Drô dât gedölleg, a probe'er fir un eppes àneres ze denken. Deng
Ste'mamm irrt sech, awer siéf es secher, sie wöllt nômmen sei
Bèscht.
- Ditty (nodenklech): Ech mengen sie hätt haut Renseignementter kritt..
bei der Post vun haut de Murgen hun ech e Bro'f aus der Stâdt
gesin. 't ge'f mech gur net wonneren, wann dât eng Kentwert op
hir Froe wir.
- Germaine: O'h, ass se eso' weit gângen?
Ditty: Me' weit we' s du kanns gléwen. Sie ass richtig dovü besiéss.
Hei, wanns de wölls wössen vu wât a vu wiém ech d'de' lèscht 6
Me'nt bedroht war, (hölt en Album) hei kuck!
- Germaine (verwonnert): A wât ass dât do?
Ditty (mecht den Album op): Dât ass d'Collectio'n vun all dénen de' m
mech gâr gehât hätten, also vu menge Freieren, wanns de eso'
wölls.
- Germaine (platt): Vun denge Freieren?
Ditty: Oder besser gesôt, de' et wollte gin! 't ass d'Komplett Serie.
Germaine (lâcht): Nén; du' mechs de Geck!
Ditty: Ech de't mech wuel hidden. D'Sâch ass mir vill ze éscht. Weil
ech eso' deckkâpeg sin, huet meng Stye'mamm dropgehâlen datt
all jonge Mann, dén sech présente'ert huet, sei Kapp muss hei-
lössen....
- Germaine: Wât sés de, ... sei Kapp?
Ditty: Nén, de Kapp net, awer sei Bild, An de' hun all hir Plätz mis-
se fannen hei an dém Album. (Bliédert dran, schildert e pur Kandi-
daten)
- Germaine (Virwötzege): Da löss mech emol de'Hèrre gesin.
Ditty (weist ma'm Fanger): Kuck, de Mokelegen hei, dât ass dén deckste
Winzer vu Konkelsdurf, nômmen hién huet schon 53 Jahr, a we' én
eso' sét, Reumatissen an alle Glidder.
- Germaine (komesch opbruecht): Dann huet hién eng Infirmière gesicht.
Ditty: Da' lîng Stang hei, mat Hohr bis an d'Äen, dât ass en Affekôt.
Dé get emol eng Ke'er reich, wann seng Tatta dô't ass, dât ass
eng Millônärin, awer dèr harder eng, sie wöllt absolut net
stierwen.
- Germaine: An deng Ste'mamm verlangt secher den Do'deschein?
Ditty: Sie wöllt hun ech soll den Neuveu a Reserve hâlen, well 't wés
én nie wat ka virkommen.... Geseis de dén hei, mat dém Zocker-
huttskapp? .
- Germaine: Kertjeft! wat eng Fislemin!
Ditty: Dât ass en Apdikter. vu Fexengen.
- Germaine (dét e Krésch): O mei, bestuedt dén nômmen net. De' Leit hun
de Butek voller Göft! An e sche'nen Dâg, wann sie schlecht ge-
launt sin, könnten sie engem am Plätz Zocker, Göft an de Kakao
mâchen.

Ditty(mecht virun):De gro'ssen Dommen hei,mat sengem verreckte Lächen, dät ass en Dentist....

Germaine:Richtig... dé könnt seng Zänn gebrauchen als Reklamm.....
Mä opgepasst! Wann dén emol beisst!

Ditty:An dann den Decke Patapouf hei, dén ass vun Schwengsweiler...

Germaine:Nén,nén,häl op, ech biéden doch! Ech ka jo eng Woch lang net ma' schlöfen.

Ditty:Bah! ech hun och dervu gedrémt.Mä ewell net me',sie sin fir mech erledegt.(geheit den Album nole'sseg op d'Seit)

Germaine:Also,vun all déne do kann dir ké gefälen?

Ditty:Kén!

Germaine:Sin se all bei dir am Kurf?

Ditty:All! Do ass neischt ze máchen.

Germaine(schelmesch):Da muss den Himmel dir jo bäl dé richtige schecken,du hues dach ömmer fir den Autosport geschwärmt - op émol scheckt hién dir nach e Rennfahrer? - e jongen,sche'nen - braven - charmanten, én dé scho berühmt ass....

Ditty(erschauert): We'? Du wés dät? Hues du et geröden?

Germaine(Lächelt):Oh, o'ni vill Me'h.Du wés dach datt ech dei le'vt klengt Hertz kennen,durfir kann ech mir och denken fir wién hatt an Zukunft schle't,

Ditty(lét d'Hänn zesammen,mat Eiffer): Oh, fir dén,jo! - Dén huet, wann e wöllt,me' Chance fir sech elong,we' de' áner all zesammen.

Germaine(fihrt zesammen):Mä só,ech mengen och de't dong Ste'mamm he'eren,sie ass dobaussen am Hal... sie könt heihin ... Ech

gin elo. Du hues secher mat hir ze schwätzen.

Ditty:Bleiw dach.

Germaine:Nén,nén,ech gin le'wer oppassen wann d'Mo'konnascht könt. Sie soll jo haut sche'ngts eremkommen.An ech frée mech schon op dé sche'nen Empfank,dén sie hei fanna wèrdt.(se'er lenks öf. Deiss könt vu riéchts)

2.Szén Deiss,Ditty

Deiss:Ech muss agestoén,und,du hás vollkomme recht.

Ditty:A wät Mamm?

Deiss:Mat denger Apathie ge'nt d'Baronin vu Mogenast.Ech hun elo grad Renseignementer kritt,a wés ewell goné wo'ecn mat hir an de Bo'hnen dru sin.Meng Fröndin aus der Stadt,de' mir se ugin hât,entschöllegt sech,a warnt mech virun hir.

Ditty:Wät sét se dann eigentlech?

Deiss(liést aus engem Bre'f): De' so'genannten Baronin vu Mogenast ass eng Hochstaplerin vun der schlömmster Zort. 't kann én sech net genug virun hir en Uecht huelen.

Ditty:Nu ja,da sin mir jo nach eng Ke'er gutt échappe'ert.Wirklechkét,ass, datt sie mir ömmer dén Androck gemácht huet.

Deiss(décide'ert):Sie soll jo haut eremkommen.Eng utt Geléenhét fir hire Compte ze reglen.

Ditty:An d'Mme.Dettmuller? W/at huet dir iwer de' erfuhrt?

Deiss:Do hun ech och e Pur Renseignementer.Ech erwarden awer vun enger Minutt op de' áner en Telegramm,dén eis definitiv fixe'ert,an dén ech dir gleich ze liése gin.An der Hoffnong datt dén Telegramm gönschteg wir,hun ech d'Mme.Dettmuller och fir haut heihin agelueden . . weil et dach me'glech ass datt dé Mariage zo' Stand könt,musse mir dach e we'neg me' Bekantschaft máchen.

3.Szén, Vireg, Marie

Marie(als Femme de Chambre,könt,vu riéchts):Excuse'ert dir Dammen...

Deiss:Wät get Marie?

Marie:Do baussen sin 2 Liéseschen,Madame...

Deiss:A wién soll dät nach sin,sie sin dach all de Murge fort...

Bestömmt ass et d'Maus an d'Anna.

Marie:Eso' ass et Madame.... 't schengt dir hât vergiëss hinnen de Retourbillié eremzegin, elo hun se den Zug verfehlt.

Deiss:Oh, de' armé Manner. Ech hât vollständig vergiëss.-

Sie sollen erakommen an én ableck warden. (Marie of)

Komm Ditty, mir gi kucken datt sie eppes z'iéssə kre'en, sie werden elo hongerech sin.(allen 2 of)

4.Szén Marie,Maus,Anna.

Marie(brengt de' 2 erun):Kommt eran dir Joffaren.De' Dammen wèrdte gleich eremkommen.sie lóssen íech biéden 5 Minutte Gedold ze hun.(Marie of - de' 2 kucken sech verwonnert em)

Anna:Pardi! Ass dät chic heibannen!

Maus: 't ass reich an elegant!

Anna(le'sst sech an eng Fotel fâlen):Pardi! Do könnt én dra schlöfen!
Maus(kuckt d'Billen un de Wänn):A wât Tabloen!!
Anna:(ass bei d'Fönster gângen):Nén, kuck nômmé wât eng Vu! -Eso'
epps geseit én zu Freckeisen net, a pardi!
Maus:A mir an der Hiél och net. - Ei, kuck elo ônnen d'Musel - ass
dât sche'n.... ânescht we' d'Uelzecht zo' Esch....
Anna:Pardi! an och we' zo' Miersch!(op émol)- Oh! Kuck Maus,kuck
elo hannen!
Maus:Wât ass dann?
Anna:Pardi! Geseis de dann d'Mme. de Mo'kennascht net.... sie könnt
schon erem....
Maus:Menger Werrech! Ewell gesin ech se. Wât huet dât Schôld vu
Framönsch dach e Culot....'t beisst mech iwerall wann ech se
gesin.
Anna:A mech ere'scht, ech fille mech schon erem als rosenen Hond.

5.Szén Virög,Deiss,Ditty

Deiss:Ah,hei sit dir jo,Kanner.

De' 2: Bongour dir Dammeh!

Deiss:We' könnt ech nômmé vergiessen,iéch d'Retourbilliën eremze-
gin.

Anna:Dât mecht neischt,eso' konnte mir alt nach en Dâg heibleiwen,
't gefällt eis dach eso' gutt hei, Pardi!

Deiss:Kommt elo mat mir.Dir könnt och nach 2 oder 3 Dég heibleiwen,
wann èr Eltren neischt derge'nt hun.Elo weisen ech iéch èr
Zômmer,an da kann d'Joffer Ditty iéch durch de Park fe'eren,
dén dir jo dach nach net richtig gesin huet.(og mat Maus-Anna)

6.Szén Ditty eleng

Ditty(sötzt sech,-drémersch):Ech denken un den Niki . . mein Niki! -
Soll hié wuel och u mech denken? Soll hié vleicht mat
senger Tatta kommen? - - We' ech hié fir d'lèscht gesin hun
dû war hié wuel vill besser..... awer no eso' Schle' gét dât
net eso' se'er.

MusekNr.8

(sengt)

't ass e charmante jonge Mann,
Mein Drâm vu langer Zeit.
Fir dé gewöss och meng Ste'mamm
Ké Stén an d'Râd geheit.
Seng Tatta de' versechert mir
Datt hién och u mech denkt
Ech gléwen hir,
Ech gléwe mir,
Him siéf mein Hierz geschenkt.

(Prosa):Jo,mein Hierz,mei sche'nt klengt Hierz,dât schle't nach
lâng net fir jidderén - mä 't schle't me' se'er a me' fest,
wann ech u mein Niki dehken. (e Seufzer) - Wié wés?
Vileicht..... Hoffentlech.

7.Szén. Ditta,Mogenast

Mogenast(huet schon iwert dem leschte Sâtz an de Kullissen, gângen
Gudd,gudd Médchen.Ech kann en Ableck warden.Ech sin net
presse'ert.(Bleiwit an der Mött stoen,dârf d'Ditty net gleich
gesin,- bekuckt mat dem Monokel d'Arichtong): Hm! Hm! 't ass
gur net eso' iwel fir eso' eng Bauerebourgeoisie. Et sin e
Pur Miwelen do,de' hu Stil,eso' vill ech gesin.

Ditty(hoscht,fir sech bemerkbar ze mâchen):Hm!Hm!

Mogenast(fihrt zesummen):Oh, par exemple! Dâ! B'ss du hei?

Ditty:(während et gre'sst):Ech sëlwer Madame, we'dir gesit.

Mogenast:D'Germaine, de' kleng Liésesch!

Ditty:Sie sëlwer! Mâ wât ass dann do Aussergewe'hnelles derbei?
Madame!

Mogenast(köntt sech es nach ômmer net zo'):Du? An dém Salon hei!
an dér eleganter Toilette! Mâ du hues dech verännert, dât
muss ech soen.

Ditty:D'Foktio'n ass vleicht geännert,mâ net d'Situatio'n. - Mâ,
entschöllegt, Madame.Kommt dir fir én ze besuchen?

Mogenast:Ech ge'f gâr mat der Mme. Deiss schwätzen. - Mâ do baussen
hun se mir gesôt,sie ke'm gleich.

Ditty:'t ass besser ech gin hir et soen,well soss könnt dir vleicht
nach lång warden.

Mogenast:Merci fir deng Gefällegkét,Kand.

Ditty:Mâ sötzt iéch dach,wann iéch gelifft Madame.(Mogenast sötzt
sech, Ditty lenks of.)

8. Szén Mogenast, Dettmuller

Mogenast: Menger Werrech! Dät klengt Germaine ass net domm. Eso' vill we' ech gesin gewönnt et all Däg un Ansegen an der Familgen Deiss. - Oh, do hät ech emol eng gudd Nues, fir dät Kand zo' menger Bundegenossin ze machen. Dät ass e famo'sen Tromp a mengem Spill.

Dettmuller (könt vu riéchts, schwätzt an de Kulissen): Dät mecht neischt! D'Mme. Deiss soll sech net derange'eren wént menger! Ech wërdt ganz ro'heg hei warden. (könt eran bis an d'Mött vun der Bühn. Wann d'Mogenast se geseit sprengt se op an dét e Krésch)

Mogenast: We'? Dir sit et also Madame?

Dettmuller (iwerrascht): Hei! D'Madame Baronin de Mogenast! (zögernd) Echante'ert iéch ze bege'nen, Madame.

Mogenast (streng): Ech bedauern dät net soen ze können, Madame!

Dettmuller (ganz verwonnert): We' dät dann? Wurfir?

Mogenast (we' uewen): Well ech wirklech ganz erstaunt sin, iéch hei ze fannen.

Dettmuller (spätz): A wurfir soll ech dann net hei sin? / Dir sit jo och hei, Madame!

Mogenast (großartig): Oh, fir mach ass dät eng âner Sâch. Wann én Baronin ass, wann én en Hotel an der Stadt huet, e Schlass op der Bourschtermillen, an eng Villa zo' Nice, dann riske'ert én net verdächtigt ze gin interesse'ert Démarchen ze mâchen.

Dettmuller (verdutzt): Wät hëscht dät do? Mat wiém huet dir iéch, Madame!

Mogenast (rosen): Mat iéch Madame! Mat iéch! Well èr Handlungen sin fir mech vill ze klör. (ômmer me' be's) We'? Dir huet de Culot, Kilometren am Zug ze mâchen fir iéch hei teschend d'Leit ze geheien, de' iéch hondsfrîem sin!

Dettmuller (ausser Otem): Ah! Mâ ech biéden iéch Madame. A kengem Fall erlâben ech.....

Mogenast (ômmer me' rösen): Ech peifen op èr Erlâbnes, ... an ech werdt mech net gene'eren d'Wo'erecht ze soen. (jeitzt) Dir sit eng onverschimt Perso'n, eng âl Tudlesch - de' lèscht vun de Schwindlerinnen! Dir verfolgegt d'Famille Deiss well dir iéch an de Kapp gesât huet, èren Neuveu mat der Irwduechter ze verkoppelen. Wirklech, dät wir eng famo's Partie fir dén Hongerliddy!

Dettmuller (empört): Genug Madame! Ech verdroen fir neischt op der Welt.....

Mogenast (a voller Roserei): Mâ dir kommt net op èr Rechnong, âl Sâch Sablesch, de' dir sit! Dir könnt iéch d'Haut iwer de Kapp ze'hen d'Ditty ass dach net fir ère Stenkköschchenfleur.

Dettmuller (beleidigt): Miserabelt Framönsch!

Mogenast (ausser Rand a Band): Mei Jong kritt d'Jodder Deiss. Hién ass sche'n! Hién ass reich! Hién ass Barong! Hién..... Iwiegens d'Sâch ass jo an der Reih, d'Joffer Ditty huet Jo gesôt!

Dettmuller (röselt d'Schölleren): Dät mâcht dir mech net gléwen, meng arm Madame.... Wurfir wirt dir da soss eso' rösen, wann dir èrt Ziel errecht hätt... Mâ, dir wösst jo net me' wät dir sôt. Schon vum e'schten Däg wo' mir eis bege'nt hun, war ech der Ménong datt dir net ganz richtig an der Schirbel wirt.

Mogenast (ziddert vu Roserei): Oh, ewell fänkt dir un mech ze beleidigen. Pass op âle Schaus! - Ech sin net de', de' sech beleidige le'sst. - Ech sin d'Baronin vu Mogenast, ech.... oh, ech abime'eren iéch d'Face! - Ech... (streckt d'Fäischt an d'Lücht a ge'nt d'Dettmuller, sprengt op der Plätz vu Roserei.)

Dettmuller (mat engem verächtliche Lächlen): Hält op! Merci! Ech wés neischt unzefänken mat ère Frechhéten.... Weil mein Diktionär awer net de' richtig Ausdreck huet, fir iéch ze äntwertén.... fir d'Conversatio'n mat eso' enger distingue'eter Baronin weider ze fe'eren, durfir ze'en ech et vir, ze goen. (of)

Mogenast (rosen): Jo, ge' nömmen, du éklege Mued, wanns de net wölls datt ech dech mat mengem Talleken platt triéden. - (Lächt) ä-aha, de' war se'er dresse'ert, de' Hongerliddesch! Wurfir könnt mir och ômmer op de Wé?

9. Szén, Mogenast, Maus, Anna

(Maus un Anna komme mat vill Tappage op d'Bühn)

Anna: ah, pardi! Dir sit et Baronin?

Mogenast (iwerrascht): Hei, sit dir et dé rosenen Hond! ... Nu ja, d'Mme. Deiss ass wirklech onklug fir eso' Médercher an hirem Dengscht ze hâlen, de' si jo zo' allem fâheg...

Anna (gét, me' noh) menace'ert): Ho', ho', ho'! Get uecht! Ho', ho'! (D'Baronin verstoppst sech hanner enger Fotel)

Maus (wo' e Reproche): Jo, get Uecht, Madame, dir bruacht et net nach ze reizen. Well wann et en anfall krit, da könnst et iéch ganz gutt beissen. An düt nach e'schter well dir him bluttgiereg Gedanke get mat èrem ro'de Rack. (familiär) Söt Madame, huet dir da kén ànere Kostüm fir iéch en d'Schölleren ze hänken?

Mogenast (Skandalise'ert): Kén ànere Kostüm? - Eng Baronin, de' en Hotel an der Städt....

Maus (fihrt virun): E Schlass op der Bourschtermillen an eng Villa zo' Nice..... Jidderén wés de' Séchen auswendeg, Mä gléwt mir, 't wir vill besser net eso' vill Heiser ze hun, mä nach e Kléd fir ze wiésselen.

Mogenast (rosen): Mä, du blödsinneg Kreatur, ech hu 50 Roßen - ech hun der loo. Mä un der ro'der Farv hänken ech, ro't ass mein Teint, an iwerhåpt, 't ass jo det Jahr gro'sse Mo'd!

Anna (billt): Ho'ho'ho'! (sprengt op d'Mogenast lass, de' léft fort, e pur Mol em den Dösch, verfollegt vun dénen 2, dann allen 3 aus, 't he'ert én nach e Pur mol dobause billen.)
lo Szén Deiss, Dettmuller.

Deiss (könt se'er vu riéchts, huet en Telegramm an der Hand): Wät be-deit dé Spektakel? - Hei, 't ass kén heibannen!

Dettmuller (könt eran): Ah d'Baronin ass durch d'Bascht! (geseit d'Deiss) Bonjour Madame!

Deiss: Enchante'ert iéch ze gesin, Madame Dettmuller, a weil mir elo grad eleng sin, könne mir, wann dir wöllt, d'Geléenhét benotzen, fir de' Fró ze reglen, de' eis allen 2 interesse'ert. Ech wés ewell ganz gené wién dir sit, a sin och am Bild iwer èren Neuveu. Hién ass bestömmt wert meng Ste'fduchter ze bestuden. Hat ass senger och wert, an huet him sei ganz Herz verschriwen. An déne Conditio'nen sin ech ganz averstanen, wann dät Bestiédnes zo' Stand könt..

Dettmuller (verwirrt): Mei Gott, Madame, ech wir jo net me' we' fro'h an èr, eso' le'v Intentio'nen anzegeen, mä, mein Neuveu huet èr Nièce Germaine gesin. Hién ass verle'vt an de', an net an d'Joffer Ditty.

Deiss (enttäuscht, iwerrascht): D'Germaine? - Mä dät ass d'ach 2 mol onne'glech. 1. emol ass hatt ganz o'ni Verme'gen.

Dettmuller: Oh, wann et net me' ass, dät ass eis ganz égal. Mein Neuveu interesse'ert sech ganz a gur net fir de' Fró!

Deiss: An dann 2. hatt ass scho verlobt.

Dettmuller (platt): Scho verlobt? - Oh, wät get dät e Coup fir dén armen Niki! - Wät eng schrecklech Enttäuschong! - Ech ferten, do bleiwt hién ont're'schlech.

Deiss: Mä ech versechere iéch, datt d'Ditty am Stand ass hién ze tre'schten.

Dettmuller: Nén, Madame, nén! Kén ànert Framönsch kann dem Niki dät ersetzen, dät hién sech erwiélt hät zur Herzenskinigin. - Oh ech sin traureg, de'v traureg!

11. Szén Vireg, Ditty

Ditty (könt vu riéchts): Ah, Mamm, ech hun dech iwerall gesicht.

Deiss: Ah, du - du könnst grad we' geruff..... wés de, ech hun den Telegramm krit.... 't gét alles we's du 't gät häss!

(en zefriddene Geste vum Ditty)

Dettmuller: Mme. Deiss, dät ass d'Médchen, dät mein Neuveu gär huet.

Deiss: Nu ja, ech meng mir sin net me' weit dervun eis ze verstoen. Ech hun d'E'er iéch meng Ste'fduchter, d'Joffer Ditty Deiss virzstellen.

Dettmuller (fihrt op): Mä ech hun d'Joffer nie ànescht gesin we' als Liésesch, an sie huet mir ömmer gesöt sie ge'f Germaine héschen.

Ditty (lächelt): Verzeiht mir dé klenge Schwindel, le'f Madame. 1. Ech war vun Irwschaftsjéer eso' verfollegt, an 2. ech hätt gär e Mann, dé mech fir mech selwer hölt, an net wént mengem Reichom, durfir hun ech meng Identität gewiésselt... Verzeiht mer... we' ech dät gemacht hun, düt hun ech iéch jo nach net kennt.

Dettmuller: An ewell?

Ditty: Ewell kennen ech iéch... an ech kennen (schle't d'Aen verschimt nidder) och den Niki, èren Neuveu.

Deiss (emärmt et): A la Bonheur!

Dettmuller (grad eso'): Mei le'ft Médchen!

12. Szén, Vireg, Germaine, Mogenast

Germaine (könt eran): Oh, Pardon 'atta! Ech kommen d'Ditti sichen.

Deiss: Komm nömmen eran, du bass net zevill hei. (zur Dettmuller) Dät ass meng Niece Germaine.

Ditty (lächelt): De', de' dir fir mech geholl hat, we' ech mech fir sie ausgin hun.

Germaine: Lösst mir jidderén dät eram huelen wät/eis gehe'ert.

Mogenast (Könt erageláf, o'ni Otem, jeitzt eso' hart we' se kann) Madame Deiss! Madame Deiss!

Deiss (trött vir): Dät sin ech!

Mogenast (verwonnert): Ech sin d'Baronin....

Deiss: Ech wés et Madame. Ech kennen iéech..

Mogenast: Madame, ech komme mech bekloen, iwer dén Empfank dén ech hei fondt hun. Zwé Ke'médercher, vun dénen dät ént geckeg an dät Ünert toll a rôsen ass, hu mech elo grad durch de ganze Park gejôt. Dät si Prozeduren de' ech net kann tollere'eren, an ech proteste'eren öffentlech.

Deiss (käl): Hud Madame! Wät bringt eis d'E'er vun èrem Besuch?

Mogenast: Ech woll iéech önnerrhålen iwert e me'gleche Mariage teschen, mengem Jong, dem Baron de Mogenast.... (geseit d'Germaine) an der Joffer do! (weist)

Deiss: Jo, ech war um courant vun dém Projekt, oder dach eso'hallef. Dir hát mech gebiéden do matzehöllefen, a mir eso'gur eng Be-lo'hnong versprach, de' ech sollt kre'en vun der zukünftiger Frâ hirer Dottt

Mogenast (erschreckt): Ech Madame?

Deiss: Jo dir! Erönnert dir iéech dann net me'?

Mogenast: Ech hun d'Mme. Deiss bis haut nach net bege'nt.

Deiss: Dir hát gegléwt se nach net bege'hnt ze hun, mä 't war sie dach, der sir e sche'nen Däg, als Liésesch, de' Propositio'n gemét huet.

Mogenast (embarasse'ert): Ah! Dät war en Irrtom...

Deiss: Jo, dir hát iéech an der Perso'n geirrt.... mä ech sichen iéech keng Schikane me'.... (weist op d'Germaine) Also, ère Jong wöllt d'Joffer bestueden?

Mogenast (Dèr én d'nei Hoffnung öfgeseit): 't ass sein énzege Wonsch.

Deiss: Kennt hién se dann?

Mogenast: O jo! E'schtens emòh der Reputatio'n no...

Deiss: A soss?

Mogenast: Hién huet se dax bege'nt... o'ni datt d'Joffer et wés.... Dir wösst jo, de' jong Leit vun haut!

Deiss: Et bestét also kém Zweiwel (weist eram op d'Germaine) 't ass em d'Joffer hei, wo' et sech handelt?

Mogenast: Awer secher, em sie ganz eleng.

Deiss: Entendu... an déne Conditio'ne muss ech iéech eng Mattdélong máchen, de' d'Joffer net vill gene'ere kann. Well all Mönsh hei an der Ge'gend sei Fall kennt, dén iwregens gaz respektvoll ass: D'Joffer ass o'ni all Verme'gen, a muss o'ni Dott bestuedt gin.

Mogenast (platt): O'ni Dott? - O'ni Dott! D'Joffer Ditty Deiss o'ni Dott?

Deiss: Oh pardon! Dir sit net ganz bei der Säch: Dät jongt Médchen hei, dät dir gutt kennt, dät den Hèrr Barong de Mogenast, ère Jong, och gudd kennt, we' dir mir gesôt huet, an em dém seng Hand hién unhállt, ass net d'Joffer Ditty Deiss. Sié schreiwet sech wuel och Deiss, awer hire Virnumm ass Germaine.

Mogenast (Sprachlos): Hire Virnumm ass Germaine?

Deiss (weist op d'Ditty): Hei ass meng Ste'fduchter, Ditty Deiss!

Mogenast (rôsen) Also, de', de' Ditty gehéscht huet ass d'Germaine, an de', de' Germaine gehéscht huet ass d'Ditty... ah, par exemple!

Ditty (eso' ass et, Madame! An et därf iéech net zevill ze verdre'ssen. Jidderén gebraucht de' Möttel de' en huet, fir de gudde Gláf vun der Mönshét ze konrolle'eren. Ere Jong wollt d'Germaine hun.... mä a Wirklechkét, de', de' hié wollt bestueden, dät ass d'Ditty.... oder besser gesôt: dem Ditty seng gro'ss Dott!... Dir huet mir et iwregens ganz vertraulech ausernén gesât, e sche'nen Däg, wo' ech och als Liésesch verklédet war.... Nu lauschtert meng Erklärong: D'Dott vun der Joffer Ditty Deiss ass net fir de Barong vu Mogenast.

Dettmuller (zur Mogenast): Dir gesit, 't därf én d'Haut vum Bîr net verkåfen e'en de Bîr erluegt ass.

Mogenast (rôsen): Mä, dät ass jo alles eng infam Machenschaft! Dir Huet mir en onerhe'erte Kome'di gespillt. Eng Frâ, eng Baronin we' mech. eso' ze behandeln.